DE

BEEFORTER

Informatiounen
aus der Gemeng Beefort

N°58

/GemengBeefort
/Beeforter

www.beaufort.lu
www.beeforter.lu

Impressum

Editeur: Gemeng Beefort

Redaktioun: Jos. Nerancic
E-mail: jos.nerancic@beaufort.lu
Website: www.beaufort.lu / www.beeforter.lu

Konzept a Layout : GR-ink

Fotoen: Jos. Nerancic, Hotel Meyer, chargy.lu, Edin Marusic, “Rando & Co Mëllerdall VoG”, ORT Mëllerdall, Syndicat d’initiative et du tourisme Beaufort, Chorale Ste Cécile Beefort, Judoclub Beefort, Elterevereenegung Beefort.

Titelbild: Jos. Nerancic

Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.

Drock: Imprimerie Centrale, Luxembourg – gedréckt op recycléiertem Pabeier

Redaktiounsschluss fir den nächsten “De Beeforter”: 17. Juni 2018

GEMEINDE

GEMEINDERATSITZUNGEN

Sëtzung vum

31. Januar 2018

Ordre du jour

Unter Ausschluss der Öffentlichkeit
1. Ernennung von Personal

Mitteilung des Schöffenkollegiums
2. Leitbild Kommunaler Klimaschutz
3. Genehmigung verschiedener Einnahmen
4. Genehmigug der Abschlusskonten aus 2015
   a) Compte administratif
   b) Compte de gestion
5. Genehmigung einer Konvention / Beaufort Lotissement s.a.
6. Genehmigung einer Konvention mit Forum pour l'emploi
7. Genehmigung von notariellen Akten
8. Genehmigung von Emprisen betreffend Arbeiten in der rue de la Sûre in Dillingen
9. Genehmigung eines Kostenvoranschlages betreffend Instandsetzung eines Feldweges (Kinnewee)
10. Genehmigung eines Kostenvoranschlages betreffend Instandsetzung "Maison Theis" in Befort
11. Genehmigung von Bauabrechnungen
12. Ratifizierung von Beschlüssen des regionalen Sozialamtes
13. Ernennung von Mitgliedern in die beratenden Kommissionen

Verschiedenes

Präsenzen (8/9): Camille Hoffmann (Buergermeeschter); Lily Scholtes an Emile Wies (Schäffen); Andreza Sanguessuga, Jean-Paul Stirn, Jean-Luc Nosbusch, Marie-Ange Marson a Sandra Levy (Gemengeréit).
Absence: Cindy Pereira.
Georges Rischette (Gemengesekretär).

Punkt 1. An der Budgetssëtzung vum 13. Dezember 2017 gouf et schonns ugekënnegt an elo gestëmmt. D'Gemengepersonal kritt mam Hubert Sauber (technesche Service) a Josip Nerancic (Coordinateur de communication an Administratioun) Verstäerkung.

Zu de Matdeelunge vum Schäfferot goufen ugeschwat: eng Réunioun mam Klimapaktteam, eng Iwwerraschungsvisite zu Arêches bei d'Beeforter Schnéiklass, Beem beim Terrain vun der neier Kläranlag an d'Sich no engem Sall, wou een eng Maquette vum Naturpark Mëllerdall ënnerbrénge kann.

Punkt 2. De Klimaberoder Thomas Schlicher huet d'Leitbild kommunaler Klimaschutz virgestallt. Dobäi goufen e puer Ännerunge virgeschloen. Déi definitiv Versioun gëtt zesumme mat aneren Informatiounen zum Thema Klimapakt an enger Broschüre elo am Fréijoer publizéiert.

Punkt 3. Den Total beleeft sech op 835.661,61 Euro an de gréissten Deel (808.121 Euro) sinn d'Recettes du Fonds de dotation globale des communes.

Punkt 4. De Boni aus dem Joer 2014 beleeft sech op 3.785.522,16 Euro an am Joer goufen et Recettes ordinaires an der Héicht vu 6.946.569,25 Euro a Recettes extraordinaires v 672.391,60 Euro. Dat mécht een Total vun 11.404.483,01 Euro. Géigeniwwer stinn Dépenses ordinaires vu 5.481.883,85 Euro an Dépenses extraordinaires vun 1.994.677,00 Euro. De Gesamttotal vun den Dépense beleeft sech op 7.476.560,85 Euro a mat de Recette verrechent bleiwen ënnert dem Strich 3.927.922,16 Euro als Boni fir d'Joer iwwereg.

Punkt 5. D'Konventioun mat Beaufort Lotissement s.a. betrëfft déi zweet Phase vum PAP op der Heed.

Punkt 6. Sämtlech Spillplazen an der Gemeng erfëllen net méi de Sécherheetsnormen

De neien Bummelbus.



Bummelbus

Forum pour l'emploi.

Le service Bummelbus est un moyen de transport à la demande et représente pour les habitants des communes partenaires, un complément aux transports publics et privés dans la région Nord du pays.

T 26 80 35 80
www.bummelbus.lu
bummelbus@fpe.lu

20, route d'Ettelbruck
L-9230 Diekirch

an dowéinst ass de Forum pour l'emploi beoptraagt gi fir d'Spillplazen nei anzeriichten a se ze ënnerhalen.

Punkt 7. Bei den zwou notariellen Akten handelt sech ëm de Kaf vun engem Terrain (auf der Goldbruch) vu sechs Ar an der Gréngzone zu Déiljen an ëm ee Lotissement bei der Kapell/route de Grundhof.

Punkt 8. Den Total vun den Emprise beleeft sech op ongeféier een Ar.

Punkt 9. Ee Deel vum Kinnewee ass an engem schlechten Zoustand an déi 175 Meter Wee gi fir 39.250 Euro erneiert.

Punkt 10. Den Devis beleeft sech op 256.230 Euro.

Punkt 11. Déi Bauofrechnunge bezéie sech op den Terrain multisports (Ministade) an d'Annexe vun der Sportshal. Am éischte Fall beleeft sech den Total des devis approuvés op 110.002,51 Euro an den Total de la dépense effective op 93.859,64 Euro. Bei der Annexe sinn et 2.279.171,46 Euro fir den Devis an 2.443.892,95 Euro fir d'Dépensen.

Punkt 12. De Bilan a Personalchangementer vum regionale Sozialamt goufe ratifizéiert.
13. Éier et zu der Wiel vun de Membere vun de Kommissioune komm ass, gouf fir d'éischt d'intern Reglement geännert an zwar wat d'Zuel vun de Memberen ubelaangt. De Maximum ass vu siwe Memberen op néng Membere gehéicht ginn. De Minimum bleift bei fënnef Memberen. D'Schoulkommissioun ass gesetzlech gereegelt an nieft de véier gewielte Membere kommen nach Vertrieder vum Léierpersonal an der Elterevereenegung bäi. D'Presidentin vun der Schoulkommissioun ass iwwregens Lily Scholtes.

De Vote vun de Membere war geheim a fir eranzekommen huet ee misste mat enger Majoritéit, an dësem Fall fënnef Stëmmen, gewielt ginn.

Folgend Leit hu sech fir an d'berodend Kommissioune gemellt (a Klammeren d'Zuel vun de Stëmmen):

* Commission scolaire: Tanja Weis (8), Claudia Diogenici épouse Cruchten (0), Carole Schaffner épouse Bintener (8), Carine Bentz (0), Mireille (Milli) Weber (8), Daniel Noé (0) a Sandra Levy épouse Drouet (8).

* Commission consultative communale d'intégration: Marie-Ange Marson épouse Ivelj (8), Sonia De Jesus Vieira épouse Dias Da Silva (8), Camille Brandenburger (7), Emmanuel Letourneur (7), Lurdes Pereira épouse Sauber (8) an Andreza Sanguessuga Néné épouse Meester (8).

* Commission de la culture: Thomas Fellerich (8), Monique Brandenburger (8), Eric Feront (3), Andreza Sanguessuga Néné épouse Meester (7), Monique Link (6), Margot Flammang (7), Liette Riehl (6), Hubert Sauber (5), Jean-Luc Nosbusch (8).

* Commission du troisième âge: Léonie Theis épouse Switala (8), Marie-Ange Marson épouse Ivelj (8), Lou Lorang épouse Brandenburger (6), Olga Schackmann épouse Friedrich (8), Georgette Arent (7).

Wéinst Mangel u Kandidate ginn dës dräi Kommissiounen nit besat an et gouf sech gëeenegt fir keen zweeten Opruff ze maachen:

* Commission de la jeunesse et des sports: Claude Weydert an Thomas Fellerich.

* Commission de l'environnement: Eric Feront, Claude Weydert a Steve Rippinger.

* Commission des bâtisses: Cindy Pereira épouse Donneaux, Steve Rippinger.

Ënner Verschiddenes goufen diskutéiert: eng Visite vun der Äispist iwwert d'Situatioun vun der Phase 1 vum Ëmbau, eng Versammlung zum Règlement grand-ducal iwwert de Quelleschutz de 6. Mäerz ëm 19 Auer, eng Réunioun iwwert de potentiellen an neie Site vun der Bëschcrèche, ee Camion, deen nuets um Trottoir an der Rue du Château parkt a schliisslech den aktuelle Stand a Projet vun Art in Beaufort 2018 a weider Manifestatioune vun de Beeforter Schlassfrënn.

Déi nächst Sëtzung gouf op en Dënschdeg, den 13. Mäerz, ëm 19.30 Auer festgeluecht an no véier Stonne gouf d'Sëtzung ëm 23.30 Auer opgehuewen.

Sëtzung vum

13. Mäerz 2018

Ordre du jour

Mitteilung des Schöffenkollegiums
1. Genehmigung verschiedener Einnahmen
2. Genehmigung eines Mietvertrages
3. Genehmigung eines Kostenvoranschlages betreffend Erneuerung der Wasserleitung Cloosbierg
4. Beschlussfassung betreffend punktuelle Änderung des schriftlichen Teils des Bebauungsplanges
5. Genehmigung eines Lotissementsplanes im Ort genannt "Op der Heed" in Befort (Phase 3)
6. Ratifizierung von Beschlüssen des regionalen Sozialamtes
7. Vereinsstatuten
8. Genehmigung von Subsidien

Verschiedenes

Präsenzen (9/9): Camille Hoffmann (Buergermeeschter); Lily Scholtes an Emile Wies (Schäffen); Andreza Sanguessuga, Jean-Paul Stirn, Cindy Pereira, Jean-Luc Nosbusch, Marie-Ange Marson a Sandra Levy (Gemengeréit).
Georges Rischette (Gemengesekretär).

Matdeelunge vum Schäfferot: Beim Dussier-Haus wäert ee Kraidergaart entstoen, d'Agence mobile vun der Spuerkeess ass lo all Dënsdeg vun 9.30 bis 11 Auer beim Kiosk zu Beefort, ënnen an de Sall vun der fréierer Jugendherberge kënnt eng Maquette vum Geopark Mëllerdall stoen a bis Enn dëses Joer ass eng Léisung fonnt ginn wat de Late Night Bus Mëllerdall betrëfft, deen elo vum Naturpark Mëllerdall assuréiert gëtt.

Sämtlech Décisioune goufen eestëmmeg ugeholl.

Punkt 1. Den Total beleeft sech op 420.836,58 Euro an dee kënnt zum gréissten Deel aus de Waasser- a Kanaltaxen.

Punkt 2. De Bail betrëfft d'Gemeng an den Office social regional, dee sech op enger neier Adress befënnt (al Jugendherberg) an doduercher gëtt de Bail ugepasst.

Punkt 3. Den Devis fir d'Erneierung vun der Waasserleitung mat der Quell beleeft sech op 274.950 Euro.

Punkt 4. D'Senioreresidenz Petite Suisse läit an enger Zone logement encadré a fir weider Aktivitéiten ze erlaben gouf dëse Beräich vum Bebauungsplang deementspriechend ugepasst. Erlaabt sinn elo och "activités de commerce, des services administratifs ou professionnels et des crèches".

Punkt 5. De Lotissementsplang gesäit am Ganze fënnef Haiser vir: zwee Duebelhaiser an een Eenzelhaus.

Punkt 6. Folgend Décisioune vum regionale Sozialamt goufe ratifizéiert: den aktuellen Tableau de préséance, eng budgetär Modifikatioun am Joer 2017 (Transfert de crédit), de Budget de l'excercice 2018 ass gestëmmt ginn an d'Liane Meyers ersetzt d'Pia Delli Zotti als Receveuse.

Punkt 7. D'Statute vun de "4 Running Paws", déi den 20. Februar 2015 gegrënnt goufen an elo hire Sëtz hei zu Beefort hunn, goufen zur Kenntnis geholl.

Punkt 8. Ee Subsid ass fir d'Amicale Beaufort fir d'Organisatioun vum Schlassfest am Juli an dee beleeft sech op 1.500 Euro. Eng weider finanziell Ënnerstëtzung geet un d'Association internationale des Beaufort an déi ass an der Héicht vu 560,20 Euro. D'Zomm setzt sech zesummen aus 20 Cent mol d'Awunnerzuel op den 1. Januar 2018 (2.801).

Ënner Verschiddenes gouf iwwert den Décompte 2017 vun den Dotatioune geschwat an d'Cotisatioun fir d'Iechternacher Museksschoul, déi aus Beeforter Siicht drastesch erhéicht solle ginn.

D'Sëtzung gouf um 20.38 Auer opgehuewen.

oekotopten

6, rue Vauban • L-2663 Luxembourg
Tel.: 43 90 30-60 • Fax: 43 90 30-43
oeko@oekotopten.lu • www.oekotopten.lu

Aktualisierung der Pedelecs auf Oekotopten.lu

Mit dem Rad von Tür zu Tür oder multimodal – für jeden das geeignete Pedelec

Für die kommende Fahrradsaison hat Oekotopten.lu rechtzeitig seine Listen mit den effizientesten Pedelecs aktualisiert.

Aus technischer Sicht sind keine größeren Neuigkeiten zu verzeichnen. Das angekündigte ABS für Pedelecs ist noch in der Testphase. Erste Modelle mit ABS-Technologie kommen frühestens Ende des Jahres auf den Markt. Auffallend ist bei den Neuheiten ein kompakteres Design. Der Trend, die Akkus fast nahtlos in den Rahmen der Pedelecs zu integrieren, lässt daher den optischen Unterschied zwischen Pedelec und klassischem Fahrrad immer kleiner werden.

Obwohl sich für 2018 bei den Pedelecs auch ein Trend zum Mountainbike abzeichnet, listet Oekotopten.lu nur komplett ausgestatte Pedelecs, die es auch bei schlechtem Wetter ermöglichen sauber ans Ziel zu kommen. Mit Schutzblech versehen, um Schlamm, Wasser und Dreck vom Fahrradfahrer abzuhalten und eventuell sogar mit einem Gepäckträger ausgestattet, können Radler somit bei jeder Wetterlage die Vorzüge des Fahrradfahrens genießen.

Alle aufgelisteten Räder sind mit Leuchten ausgerüstet und entsprechen somit auch der Straßenverkehrs-ordnung. Wenn Sie gerne beim Erwerb eines neuen Fahrrades oder Pedelecs in den Genuss des Steuerfreibetrages von 300 € kommen wollen, achten Sie darauf, dass auf der Rechnung „*Fahrrad im Sinne des Code de la route*" vermerkt wurde. Weitere Informationen finden Sie unter www.cleverfueren.lu.

Die Listen sind weiterhin in den Kategorien Urban, Trekking, Lastenrad und Faltrad eingeteilt. Ob Sie nun von Tür zu Tür pendeln, lieber multimodal mit Bahn und Bus das Faltrad benutzen oder für größere Lieferungen mit dem Lastenrad unterwegs sind – in den vier Listen von Oekotopten finden Sie mit Sicherheit das Pedelec, das Ihren Ansprüchen gerecht wird. In unseren Partnergeschäften erkennen Sie die Oekotopten-gelisteten Pedelecs an unserem Oekotopten-Anhänger.

Contact : Camille Muller
www.oekotopten.lu
Tel.: 43 90 30-23 ● Fax: 43 90 30-43
mail: camille.muller@oeko.lu

mouvement écologique
LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable et des infrastructures
Département de l'environnement
oekozenter pafendall
This project has received funding from the European Union's Horizon 2020 research and innovation programme under grant agreement No 649647

Oekotopten.lu ist eine Initiative vom Ministerium für nachhaltige Entwicklung und Infrastrukturen, Mouvement Ecologique und Oekozenter Pafendall und wird unter dem Förderprogramm No 649647 im Horizon 2020 Rahmenprogramm für Forschung und Innovation von der Europäischen Union gefördert.

REPORTAGE

DE SOLARKADASTER VU BEEFORT



Ënnert der Internetadresse http://www.cadastre-solaire.beaufort.lu/ fënnt een zanter dem leschten Hierscht de Solarkadaster vun den dräi Uertschafte vun der Beeforter Gemeng: Déiljen, Grondhaff a Beefort. Opgestallt gouf de Solarkadaster vum Energiepark Réiden.

De Solarkadaster baséiert op eng Auswäertung vun aktuelle Loftbiller an erlaabt d'Solarenergiepotential fir d'Notzung vu Photovoltaik an thermesche Sonnekollektore fir all Gebai ze ermëttelen. De Solarkadaster ass soumat ee villsäiteg Instrument am Kontext vum Klimapakt: Ofschätzung vum Solarenergiepotential fir d'Gebaier, Informatioun un de Bierger iwwert d'Solarpotential vun hirem Gebai an d'Ausschaffe vun energie- a klimapolitesche Strategien a Zielsetzungen.

Op enger Basis vun engem 3D-Daachkadaster vum Gebai gëtt eng Solarsimulatioun duerchgefouert. D'Daachlandschaft erlaabt et véier wichteg Critère beim Erstelle vum Solarkadaster ze kréien: d'Fläch, d'Neigung, d'Orientéierung an d'Verschattung vum Daach (Beem, Kamäiner, Tierm, asw.). An der Solarsimulatioun gëtt d'Liicht vun der Sonn iwwert d'Joer op d'Daachlandschaft vun der Gemeng projezéiert. Fir all eenzel Gebai ginn da folgend Wäerter bestëmmt: benotzbar Daachfläch, Ausriichtung vun der benotzbarer Daachfläch no de jeeweilegen Himmelsrichtungen, d'Daachneigung, d'Klassifizéierung, d'Globalstrahlung pro Joer (Mëttelwäert), d'Reduzéierung vun der Astralung duerch Abschattungseffekte, déi méiglech Leeschtung vun der Anlag, de viraussiichtleche Ertraach an d'CO2-Aspuerunge pro Joer.



D'Duerstellung um Internetsite selwer ginn a verschiddene Faarwen duergestallt an zwar no de Faarwe gréng, giel a brong. Gréng Flächen eegne sech ganz gutt, giel gutt a brong bedingt gutt. Bei der Bestandsopnam am leschte Joer goufen 38 Solar-Stroum-Anlage gezielt an déi geschate Produktioun läit bei 999.372 kWh pro Joer. Des Weidere gouf et zu deem Zäitpunkt 58 Solar-Wärme-Anlagen an hei goufen 250.000 kWh pro Joer ermëttelt. Dat entsprécht ongeféier 25.252 Liter Mazout, déi doduercher gespuert goufen.

Am Solarkadaster ginn zwee verschidde Szenarie simuléiert. De Szenario 1 geet dovunner aus, datt de komplette theoretesche Potential vun der Produktioun vu Solarstroum genotzt gëtt. Sämtlech Daachfläche gi mat Photovoltaikanlage beluecht, ouni op d'wirtschafltech Faktoren ze kucken. Sou ergëtt sech fir d'Gemeng een theoretesche Potential vu 17.363.000 kWh pro Joer. Szenario 2 benotzt een Deel vum theoretesche Potential fir Thermosolar (Waarmwaasseropbereedung) an de Rescht fir Photovoltaikstroum, ouni op d'wirtschaftlech Faktoren ze kucken a mat Prioritéit op Waarmwaasseropbereedung. Errechent gouf een theoretescht Potential vun iwwer 1.485.000 kWh pro Joer fir Waarmwaasseropbereedung plus bal 16.900.000 kWh/Joer Stroum. D'Gemeng huet nach een drëtte Szenario ausrechne gelooss: Komplett theoretescht Potential fir d'Stroumproduktioun an een Deel direkt fir op Waarmwaasseropbereedung. Hei kënnt een dann op 760.348 kWh/Joer fir d'Waarmwaasseropbereedung an ongeféier 16.500.000 kWh/Joer Stroum.

Déi dräi Szenarie si Maximalwäerter an baséieren op technescher Natur a blenden d'Wirtschafltechkeetscritère aus. Ënner bestëmmte Konditioune wiere realistesch méiglech: ongeféier 13.535 MWh/Joer Solarstroum (Deckungsgrad vun iwwer 300 Prozent fir d'Gemeng) an ongeféier 1.473 MWh/Joer Solarwäermt (Aspuerunge vun 148.800 Liter Mazout pro Joer).

http://www.cadastre-solaire.beaufort.lu/

KlimaConcours

fir Veräiner

Ihr Verein engagiert sich aktiv im Klimaschutz? Dann überraschen Sie uns mit Ihrer besten Klimaschutzaktion und nehmen Sie am Klimaconcours teil.

Durch Ihre Teilnahme werden Sie zum Klimaschutzpartner auf lokaler Ebene und können so zum Vorbild für andere werden. Die drei besten Aktionen werden mit einem Preisgeld von bis zu **5.000 €** belohnt. Jeder Teilnehmer, der eine zulässige Bewerbung einreicht, erhält eine Aufwandsentschädigung in Höhe von 100 €. Mehr Informationen erhalten Sie über die Webseite **www.klimaconcours.lu**.

Interessiert? Dann reichen Sie Ihre Bewerbung bis zum **30. Mai 2018** über das Internetportal www.klimaconcours.lu, per E-mail unter inscription@klimaconcours.lu oder auch per Post an Oekozenter Pafendall 6, rue Vauban L-2663 Luxembourg ein.

Das Oekozenter Pafendall, das mit der Organisation des Klimaconcours beauftragt wurde, lädt Sie ein am **Workshop** „Mein Verein trägt zum Klimaschutz bei“ am 12. Dezember 2017 um 18h00 im Oekozenter Pafendall teilzunehmen. Dieser Workshop kann Ihrem Verein helfen, seine Klimaschutzaktionen zu planen und zu verwirklichen.

Wenn Sie Fragen zum Wettbewerb haben, zögern Sie nicht, das Oekozenter Pafendall per E-mail unter info@klimaconcours.lu oder per Telefon unter 43 90 30 44 zu kontaktieren.

www.klimaconcours.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures
Département de l'environnement

oekozenter
pafendall

Ein Wettbewerb des Ministeriums für nachhaltige Entwicklung und Infrastruktur, Umweltabteilung

SÉCHERHEET GEET VIR

Ville Leit wäert et wuel schonns opgefall sinn, datt am Duerf déi verschidde Spillplazen ofmontéiert goufen. Dat huet seng Grënn.

Bei der grousser Inspektioun am leschten Hierscht ass opgefall, datt déi meeschte Spiller nët méi den heitege Sécherheetsvirschrëften entspriechen. Vill Spiller hu méi wéi zéng Joer an an där Zäit hunn de Reen, Frascht, Schnéi a Sonn hir Spueren däitlech hannerlooss. Des Weidere hunn och d'Normen geännert a si sinn an der Tëschenzäit méi streng ginn.

D'Gemeng huet de Forum pour l'emploi beoptraagt ee Konzept opzestellen an dat ass mëttlerweil och geschitt. Et dauert allerdéngs eng Zäitche bis déi nei Spiller geliwwert an opgeriicht ginn. De Forum pour l'emploi ass och fir d'Ënnerhale vun de Spillplazen zoustänneg.

Fir d'Kanner net der Gefor auszesetzen gouf décidéiert déi Spiller, déi wierklech an engem ganz schlechten Zoustand sinn, ofzemontéieren. Sécherheet geet vir. Och d'Spillplaze selwer ginn nei aménagéiert. Nieft den neie Spiller gëtt zum Beispill de Rindenmulch duerch Oberrheinkies ersat.

"CARTE D'IDENTITÉ" UND REISEPASS

Um eine böse Überraschung beim Reiseantritt in den wohlverdienten Sommerurlaub zu vermeiden ist es sinnvoll jetzt die eigenen Ausweispapiere gründlich zu kontrollieren. Ein besonderes Augenmerk gilt dem Gültigkeitsdatum. Viele Länder gewähren einen Eintritt in ihr Land nur wenn die persönlichen Ausweispapiere noch mindestens drei oder sechs Monate gültig sind. Nachstehend eine Kurzfassung für die Beantragung des Personalausweises und des Reisepasses.

Personalausweis

Vor dem Antrag beim Einwohnermeldeamt in der Wohnsitzgemeine muss im Vorfeld die Gebühr überwiesen werden. Die Gebühr beträgt:

Kinder unter 4 Jahre:
5 Euro (Gültigkeit 2 Jahre)

Personen zwischen 4 bis 15 Jahre:
10 Euro (Gültigkeit 5 Jahre)

Personen über 15 Jahre und Erwachsene:
14 Euro (Gültigkeit 10 Jahre)

Die Zahlung der Gebühr muss frühestens sechs Monate vor der Beantragung des Personalausweises und spätestens zum Zeitpunkt der Beantragung erfolgen und zwar auf das Konto LU44 1111 7028 7715 0000 (BIC-Code CCPLLULL) des Zahlungsempfängers

TS-CE CTIE
CARTES D'IDENTITES
B.P. 1111
L-1011 Luxemburg

Als Verwendungszweck müssen unbedingt der Vorname und Name des Inhabers angegeben werden. Im Falle der Beantragung für mehrere Mitglieder einer Familie, reicht eine Überweisung/Barauszahlung der Gebühren aus, doch auf dem Zahlungsbeleg müssen die Namen und Vornamen aller Antragsteller angegeben sein.

Dem Antrag sind folgende Belege beizufügen: die Quittung über die Entrichtung der Gebühr, gegebenenfalls der alte Personalausweis sowie bei Verlust, Diebstahl oder Zerstörung des alten Ausweises muss der Antragsteller eine von der Polizei ausgestellte offizielle Bescheinigung vorlegen. Das Foto für den Personalausweis wird vor Ort aufgenommen, daher ist es nicht notwendig, ein Foto mitzunehmen.

Die Frist für die Ausstellung des Personalausweises beträgt beim normalen Verfahren in der Regel zehn Werktage und steht im Einwohnermeldeamt zur Abholung bereit.

Biometrischer Reisepass

Vor dem Antrag beim Einwohnermeldeamt in der Wohnsitzgemeine muss im Vorfeld die Gebühr überwiesen werden. Die Gebühr beträgt:

Kinder bis 4 Jahre:
30 Euro (Gültigkeit 2 Jahre)

Kinder ab 4 Jahre und Erwachsene:
50 Euro (Gültigkeit 5 Jahre)

Die Zahlung der Gebühr muss frühestens sechs Monate vor der Beantragung des Personalausweises und spätestens zum Zeitpunkt der Beantragung erfolgen und zwar auf das Konto LU46 1111 1298 0014 0000 (BIC-Code CCPLLULL) des Zahlungsempfängers

Bureau des Passeports, Visas et Légalisations
43 boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Als Verwendungszweck müssen unbedingt der Vorname und Name des Inhabers angegeben werden. Sollen biometrische Reisepässe für mehrere Mitglieder derselben Familie ausgestellt werden, kann der Gesamtbetrag der anfallenden Gebühren in einer Einzahlung/Überweisung beglichen werden. Dabei sind die Vor- und Nachnamen aller Personen anzugeben, für die ein biometrischer Reisepass ausgestellt werden soll.

Der Antragsteller beim Einwohnermeldeamt fügt folgende Unterlagen bei: einen Identitätsnachweis, gegebenenfalls den alten Reisepass (bei Verlust oder Diebstahl ist die Verlust-/Diebstahlanzeige der Polizei beizufügen), die Quittung über die Entrichtung der Gebühr (oder eine Kopie des Originals). Das Foto wird direkt bei der Gemeinde aufgenommen.

Reisepässe können ab dem siebten Werktag nach dem Tag der Einreichung des Antrags im „Bureau des Passeports, Visas et Législations“ auf Nummer 43, boulevard Roosevelt in L-2450 Luxemburg abgeholt werden, sofern der Antrag spätestens am auf den Tag der Antragstellung folgenden Werktag weitergeschickt wurde und spätestens bei der Abholung alle erforderlichen Belege vorliegen. Der Reisepass muss innerhalb von sechs Monaten nach Antragstellung abgeholt werden. Nach Ablauf dieser Frist kann er vernichtet werden.

Weitere Einzelheiten und ausführliche Informationen stehen auf der Seite

www.guichet.public.lu
> Bürgerangelegenheiten
> Ausweispapiere.

MULLERTHAL TRAIL SEASON OPENING 2018 IN MOMPACH

Am Sonntag, den 6. Mai, fällt in Mompach mit dem Mullerthal Trail Season Opening der Startschuss für die neue Wandersaison 2018. Die Teilnehmer erwartet ein Tag geprägt durch Bewegung und Spaß an der Natur.

An drei verschiedenen Punkten starten am Sonntag um 9 Uhr die geführten Sternwanderungen. Alle Strecken führen integral über den Mullerthal Trail nach Mompach. Wer will, kann die Touren auch ohne Guide laufen.

Strecke 1: Echternach Gare-Rosport-Girsterklaus-Mompach 22,9 Kilometer. Start und Parking am Gare/Busbahnhof in Echternach.

Strecke 2: Rosport-Girsterklaus-Mompach, 14,2 Kilometer. Start bei der Kirche. Parking bei der Grundschule in Rosport, Campus scolaire et sportif „Am Bongert“, 4 rue Luc Bonblet.

Strecke 3: Echternach See-Herborn-Mompach, 12,6 Kilometer. Start ist am großen Parkplatz am Eingang zum See in Echternach.
Da zwei Strecken an der Girsterklaus vorbeiführen, wird hier ein Verpflegungsstand eingerichtet.

Wenn in der Mittagspause die ersten Wanderer in Mompach eintreffen, erwartet sie ein Animationsprogramm mit vielen Highlights: Concert-Apéritiv, Hüpfburg, Kniwwel-Workshop mit dem Tudor Museum und Demo-Holzschnitzereien mit der Motorsäge. Auch die Pferdekutsche der Natur und Forstverwaltung wird Touren fahren. Die lokalen Vereine aus der fusionierten Gemeinde Rosport-Mompach sorgen für das leibliche Wohl der Gäste. An Ständen werden regionale Produkte angeboten und man erhält Informationen zu den natürlichen und touristischen Sehenswürdigkeiten der Region.

Shuttelbusse bringen die Wanderer ab 13 Uhr wieder zu ihren Startpunkten zurück. Um vorherige Anmeldung beim Tourismusverband der Region Müllerthal – Kleine Luxemburger Schweiz mit Angabe der gewünschten Wanderstrecke wird gebeten.

Das gesamte Wanderangebot, die Shuttlebusse und die Animationen sind kostenlos.

Informationen und Anmeldung:

Office Régional du Tourisme Région Mullerthal
Petite Suisse Luxembourgeoise
B.P. 152 / L-6402 Echternach

Tel. 72 04 57 – 1

E-Mail: info@mullerthal.lu

www.mullerthal.lu
www.mullerthal-trail.lu

COMMERCE

90 JOER HOTEL MEYER

Op Nummer 120 un der Grand-Rue hu se ee Gronn zum Feieren: 90 Joer Hotel Meyer. 90 Joer sinn et hir, datt op dëser Adress de Grondstee vun engem Traditiounshaus, dat haut zum feste Bestanddeel an der Lëtzebuerger Hôtelerie gehéiert, geluecht gouf. Ee klenge Réckbléck an d'Geschicht.

De fréiere Café gouf 1928 mam Bestiednes mat der Wittfra Anna Adam-Knaf vum Mathias Meyer iwwerholl. Schonns deemools war et méi wéi nëmmen ee Café ewéi een haut kennt. D'Zëmmer, siwen am Ganzen, haten all ee Lavabo mat waarmen a kale Waasser a souguer ee Buedzëmmer gouf et um Stack. Nieft dem Café huet nach eng Keelebunn, eng Epicerie, ee landwiertschaftleche Betrib, eng Uebstbrennerei an eng Taxi-Entreprise gehéiert. Eréischt 1934/1935 ass een Hotel mat 30 Zëmmeren entstanen.

Laang konnt d'Famill vun hirem neien Hotel nët profitéieren. Während dem Krich gouf den Hotel vum Nazi-Okkupant besat a si hu misste fir däitsch Schoulklasse kachen, déi do vum SS-Militär ënnerriicht goufen. Gratis versteet sech. Duerno hu sech d'Amerikaner am Hotel installéiert an op der Keelebunn gouf d'Feldkichen opgeriicht. Während der Rundstedt-Offensive stounge sech dunn d'Amerikaner an d'Preise géigeniwwer. An der Entréesdier hunn d'Amerikaner eng Kanoun installéiert

Den Hotel Meyer am Joer 1935

a sech géint d'Ugrëffer, déi virun der Klaischen-Kapell a Positioun waren, gewiert. Nieft de Propriétairen hu sech och eng Rei Beeforter am Keller virun den Bommen a Schëss verstoppt. Si waren zu 40 do.

Nom Krich huet ee misste vun Null ufänken. Den zweeten an drëtte Stack ware komplett zerstéiert an d'Véi ass ëmkomm. Lues a lues gouf den Hotel du rëm opgebaut. 1947 war den neien a modernen Hotel mat 55 Zëmmere fäerdeg a schonns zu deem Zäitpunkt huet een un ee Lift geduecht, deen zanter 1953 am Asaz ass. Haut, 65 Joer méi spéit, funktionéiert dee Lift nach ëmmer a laut den Techniker, déi de Lift regelméisseg kontrolléieren, zielt de Lift mat zu den eelsten am ganze Land. Réckbléckend ass ee sech haut eens, datt ouni de Krich den Hotel haut eng gréisser Importenz hätt. D'Keelebunn gouf net méi opgeriicht.

D'Haaptclientèle am Restaurant sinn d'Lëtzebuerger an am Hotel d'Gäscht aus der Belsch. An der Ufankszäit vum Hotel waren dat awer d'Franzousen an zwar an de Joren 1929 bis 1935 bis de franséische Frang drastesch ofgewäert gouf. Dréi- an Aangelpunkt war während Joren de Grondhaff. Zu engem ass do via engem belsche Fëschhändler frësche Fësch ewéi zum Beispill Saumon geliwwert ginn an och d'Touriste si mam Zuch entweder moies oder owes dohinner komm. Et ass näischt aneschtes iwweregbliwwe fir si do ofzehuelen a se och dohinner ze féieren. Si si wéinst de schéine Wanderweeër hei op Beefort komm an hir Vakanzen hu se mat Ausflich an d'Éislek oder Muselgéigend kombinéiert, déi vum Hotel organiséiert an ausgefouert goufen.

Am Hotel Meyer gesäit een haut zwee Grënn, datt d'Zuel vun de Gäscht aus der Belsch ofgeholl huet. Zu engem ass et d'Autobunn vu Bréissel iwwer Arel an d'Stad well Beefort elo wäit ewech vun der Haaptachse läit an zum aneren de "Couponstourismus", deen an der Zäit fir kräfteg Ëmsätz gesuergt huet. Duerch d'Bankgeheimnis, dat ëmmer méi Lächer kritt, bleiwen déi auslännesch Clienten, déi hir Suen zu Lëtzebuerg plazéiert hunn, aus. Fréier si si regelméisseg op Lëtzebuerg komm an hunn hire finanzielle Gewënn zum Deel direkt am Ländchen ausginn.

Am Laf vun de Jore gouf regelméisseg ëmgebaut, renovéiert an erneiert. Fréier hat zum Beispill all Stack ee Salon. Een éischten

Ëmbau nom Krich gouf 1962 gemeet an de Restaurant ass 1965 erneiert ginn an d'Veranda koum bäi. An den 1970er Jore krut all Kummer ee Buedzëmmer an doduercher ass d'Zuel vun de Zëmmere vu 55 op 44 erofgaangen. Ee ganz groussen Ëmbau goung 1992 iwwert d'Bühn. D'Schwämm ass bäikomm an d'Zëmmere goufe rëm eng Kéier vergréissert a Verschiddener kruten nach ee Balkon (eelef am Ganzen). Duerch d'Vergréisserung ass d'Zuel vun den Zëmmeren dës Kéier op 33 erofgaangen. De Restaurant gouf 1988 erneiert an 1996/1997 ass d'Brasserie bäikomm.

Bis 1974 war den Hotel d'ganz Joer duerch op. An de Wanterméint hunn grouss Firmaen hir Séminairen am Hotel ofgehalen. Interessant ze wëssen ass, datt et vun 1969 bis 1974 och nach eng Metzlerei gouf. D'Clientë kommen zanter Generatiounen op Beefort bei de "Meyer" an et sinn der vill dorënner, déi méi wéi 20 Joer dem Familljebetrib trei sinn. Si freeë sech och ëmmer dat nämlecht Personal erëmzegesinn. An der Moyenne huet d'Personal eng Ancienetéit vun ongefëier 15 Joer.

De Mathias Meyer huet mam Anna Adam-Knaf den Hotel bis ufanks de 1970er Jore gefouert. Duerno stoung den Hotel ënnert der Leedung vun hiren Duechteren Albertine Meyer a Jacqueline Gierten-Meyer mam Lucien an dat bis 2001. Haut steet den Enkel vum Mathias Meyer un der Spëtzt vum Familljebetrib: de Paul Gierten zesumme mat senger Fra Claudine an hirem Bouf Luc, deen enges Daags an der noer Zukunft d'Relève iwwerhuele wäert. Haut zielt den Hotel Meyer mat sengem Restaurant an der Brasserie zum feste Bestanddeel vun der Lëtzebuerger Gastronomie. Als Member vun den Hôtels Réunis (déi siwe bescht Hotellen am Mëllerdall) droe si zu der positiver Entwécklung vun der Regioun bäi. Duerch de Mullerthal Trail fanne erëm ëmmer méi Touristen a Wanderer de Wee op Beefort.

Fir de ronne Jubiläum proposéiert d'Haus ee "Menu 1928": Bisque de Homards, Saint Jacques snacké; Saumon d'Ecosse mariné Maison à la Betterave rouge, Filet de Truite fumée, Espuma au Wasabi; Sorbet; Suprême de Pintade farci au Foie gras, Sauce aux Morilles; Ronde des Fromages; Mille-Feuille Chocolat-Griottines, Caramel Beurre salé et Kirsch; Petits Fours.

Hotel Meyer

120, Grand-Rue
L-6310 Beaufort
Tel. 83 62 62

E-mail: info@hotelmeyer.lu

www.hotelmeyer.lu

SPORT

OP DER FËNNEFTER PLAZ OFGESCHLOSS

Nodeems den Äishockeyclub vu Beefort d'lescht Saison 2016/2017 eng iwwerraschend zweet Platz an der belscher Division 1 konnt erreechen, war och des Saison Ziel ähnlech gutt ofzeschneiden. Um Enn vun der Saison 2017/2018 kënnt den IHCB op déi fënneft Plaz an der Division 1.

Eng laang Saison mat 20 Matcher, déi bis an den Dezember ganz positiv mat siwe Victoiren um Stéck ugefaang huet. Duerno koumen zwou Défaiten géint déi staark Équipen aus Herentals an den spéidere Meeschter Mechelen. Ab Januar ass et dunn awer net méi sou ronn gelaf, an d'Ekipp huet regelméisseg mat ville Verletzungen an Späre misste kämpfen. Géint den Enn vun der Saison krut den IHCB sech rëm bësse gefaang a konnt nach dräi vun de fënnef leschte Mätscher gewannen.

Allgemeng bleift festzehalen, datt déi géignereg Équipen des Saison vill manner Respekt virun der Beeforter Équipe haten ewéi nach d'lescht Saison. Et war gewosst, datt et schwéier giff gin, dei zweet Platz vun leschter Saison ze widderhuelen, trotzdem fält den Fazit éischter positiv aus. Festzehale bleiwen och vill flott an spannend Heemmatcher zu Beefort op der Äispiste mat, zemools an der Chrëschtvakanz, villen Zuschauer. Mam Chris Meyers an Demir Mededovic konnten och zwee jonk Nowuessspiller vum IHCB hier éischt Erfahrungen um Seniorenniveau sammelen. Och an der Zukunft wäert den IHC Beefort weider jonke Spiller d'Méiglechkeet gi sech op dësem Niveau ze beweisen an sech sou weider ze entwéckelen.

Och am Kanner- an Jugendberäich formëieren Équipen an deenen eenzelen Alterskategorien. Vue que, datt no der Saison virun der Saison ass, fänken och lo schonns Preparativen fir déi nächst Saison 2018/2019 un. Prioritéit huet do Sich no engem Trainer souwéi d'Sich no neie Sponsoren an Partner.

STRAFZEITEN
10
20:00
PERIODE
3
HEIM
GÄSTE
8
1
STRAFZEITEN
10
M. MOSR

JUGENDTURNÉIER

Sonndeg, den 11. Mäerz, war op der Äispiste ee vum IHCB organiséierte Jugendturnéier a gespillt gouf an zwou Kategorien: U12 an U17. Véier Ekippen hunn an der Klass U12 matgespillt an zum Schluss hu sech déi jonk Spiller vun Tréier op déi éischt Plaz plazéiert, virun de Spiller vu Bitburg, dem IHCB an den Huskies aus der Stad.

Bitburg a Beefort waren déi zwou eenzeg Ekippe bei den U17. Zweemol hu se géintenee gespillt an am éischte Mätsch hunn d'Beeforter 4:2 gewonnen an de "Retourmätsch" souguer 5:2.

SEMINAR MUSKELAUFBAU UND ERNÄHRUNG

Beim Kraftseminar in Befort am 3. März standen die Grundlagen der Ernährung, der Dopingprävention, der Fettverbrennung, die Rumpfstabilisation und das trainieren an Geräten im Fokus. Dabei sorgten Kathrin und Friedhelm Hauer und Laurent Bangnowski mit ihrer freundlichen Art und fachkompetenten Vorträgen für eine kurzweilige Veranstaltung mit einer super Stimmung.

Damit Mama und Papa gemeinsam teilnehmen konnten, gab es das „rundum sorglos Paket" mit Kinderbetreuung. Die Kleinsten konnten sich im Abenteuerspielplatz derweil austoben und Mama und Papa beim Training beobachten.

Wer viel und gut trainiert muss auch gesund essen, somit ging es im Anschluss in die Pizzeria um verbrannte Kohlenhydrate wieder aufzufüllen.

Das nächste Seminar ist bereits in Planung.

Am 3. Februar fand in Befort das Newcomer-Turnier statt.

CHAMPIONNATS NATIONAUX D'HONNEUR 2018

Mit guten bis sehr guten Ergebnissen präsentierte sich das Judo-Team Echternach/Beaufort bei den diesjährigen „Championnats Nationaux d'Honneur" am 17. März in der „Coque".

Von links nach rechts:
Tun Bangnowski, Morgan Cardoso, Soraya Martins, Yan Schüller, Mike Fernandes und Ayleen Post.

Die Resultate im Überblick:

Name	Vorname	Wohnsitz	Alter	Gewichtsklasse	Ergebnis
Schüller	Yan	Beaufort	u9		1. Platz
Fernandes	Mika	Beaufort	u9		1. Platz
Martins	Soraya	Beaufort	u9		1. Platz
Cardoso	Morgan	Beaufort	u9		2. Platz
Bangnowski	Tun	Beaufort	u9		2. Platz
Morais	Gabriel	Echternach	u11		1. Platz
Giefer	Sophie	Echternach	u11		2. Platz
Urbing	Mara	Echternach	u11		3. Platz
Gierens	Dutch	Beaufort	u13	- 66 kg	1. Platz
Mariani	Romain	Echternach	u13		2. Platz
Giefer	Leo	Echternach	u13		3. Platz
Ferreira Magalhaes	Joana	Beaufort	u13	- 36 kg	3. Platz
Oliveira	Gabriella	Beaufort	u13	- 63 kg	3. Platz
Cardoso Manuel	Dylan	Beaufort	u15	- 46 kg	1. Platz
Schuller	Carla	Echternach	u15	- 48 kg	2. Platz
Weydert	Lucile	Echternach	u15	- 52 kg	2. Platz
Weydert	Zoé	Echternach	u15	- 57 kg	2. Platz
Camara	Maimouna	Beaufort	u18	- 70 kg	2. Platz
Morocutti	Damiano	Echternach	u18	- 81 kg	3. Platz

CHRONIK

JANUAR 2018

8.-13. Januar

Déi **dräi Klasse vum C4.1 vum Viviane Bertemes, Thierry Lampach a Bob Ries waren op Arêches-Beaufort** an de Wantersport. Wat si alles erlieft hu beschreiwe se selwer:

"De Méindeg, de 5. Januar, hu mir scho missten um fënnef Auer moies opstoe fir de Bus op Arêches-Beaufort ze huelen. Mir waren alleguerten total opgereegt a keen huet wierklech vill an der Nuecht geschlof. Am Rond-point bäi der Schoul hu mir eis Elteren nach eng Kéier an den Aarm geholl an hinnen Äddi gesot. Fir den een oder aneren war dat déi éischten Kéier ouni d'Elteren an d'Vakanz fortzefueren. Eise Buschauffer, de Jochen, war ganz sympathesch.

Ënnerwee hu mir gespillt, gelaacht, geliest a gebraddelt. Leider hate mir vergiess e puer Filmer fir ënnerwee matzehuelen. Dat war awer nët wierklech schlëmm. No zéng Stonnen an e puer Pausen së mir dann endlech zu Arêches ukomm.

An eisem Hotel hu mir fir d'éischt eis schwéier Kofferen op d'Zëmmeren missten bréngen. Dat war guer nët esou evident. Bäi e puer vun eis war de Koffer bal méi grouss a schwéier wéi si selwer. Zum Gléck krute mir awer dobäi och gehollef. D'Auspaken vum Koffer ass fir munchereen an enger Vakanz dat Schlëmmsten. Awer fir eisen Jofferen a Schoulmeeschteren ze beweisen, datt mir dat awer och kënnen, hu mir nët einfach alles an de Schaf gequetscht, mä schéin ageraumt. Duerno hu mir missten eis Schistrëmp undoen well mir eis Schimaterial sollten kréien: een Helm fir d'Sécherheet, Schischong an natierlech d'Skier. Well dat alles scho gutt präparéiert war an alles schonn op eis Gréisst a Gewiicht ugepasst war krute mir am Hotel eist Owesiessen. Dat war zimlech lecker an duerno kruten mir nach eisen üblechen Dagesoflaf erkläert.

De nächste Moien sënn mir schonn um 7.15 Auer waakreg gemaach ginn. Mir hunn eis Schisaachen scho missten undoen a sënn du frühstücken gaangen: et goufen Cornflakes, Baguetten, Mëllech. D'Schischong an d'Schier konnte mir ëmmer am Sportsgeschäft stoe loossen. Et war guer nët esou einfach fir d'Schischong déi éischte Kéier richteg unzekréien.

Ier mir dann op d'Schipiste gaangen sënn, kruten mir nach d'Fortfaiten fir d'Schilifter wou eis Schilehrer op eis gewaart hunn: d'Bérangère, de Jean-Noel, de Patrick, d'Laurence an d'Corine. Si waren zimlech sympathesch. An déi kënnen nawell zimlech gutt Schi fueren! Nodeems mir eis Schier ugedoen haten, goufen mir a fënnef Gruppen agedeelt. Am Ufank ware mir op enger Ufängerpiste a mir hu geléiert riicht aus ze fueren a mam Plou ze bremsen. E puer vun eis déi scho gutt fueren konnten, waren zesummen an enger Grupp a sënn nët laang op dem einfachen Hiwwel bliwwen. No zwou Stonnen Cours um Moien haten mir e Bärenhonger an hunn eis op de Mëttesdësch gestierzt. No engem gudden Iessen sënn mir nees op d'Piste gaangen. Schonn um Enn vum Dag konnten mir eng kleng Course op engem Deel vun der bloer Piste man. Dat war cool. Bäi eisen éischten Versich op de Schier goufen mir vun engem Schoulmeeschter och gefilmt. No dem éischten Dag hunn der scho vill vun eis déi richteg Technik beherrscht. Well mir zu Beefort vill Schlittschong fueren, hu mir schonn eppes wat eis Schilehrer „équilibre du pâtineur" nennen. Aus dem Grond sënn mir och relativ schnell a gutt weiderkomm esou datt mir och schonn méi schwéier Pisten konnten an Ugrëff huelen. Esou konnte mir schonn no zwee Deeg an d'Nopeschschi-

gebiet wou mir eis op de „Sarrazines“ an dem „Bonnet Rouge“ konnten austoben. Trotz e puer Chuten am Ufank ware mir richteg frou Schi ze fueren an et huet richteg gemaacht. No zwou Stonnen Schischoul Moies sënn mir fir Mëtteg ëmmer an eisen Hotel iessen gaangen.

Duerno stoungen och nach Mëttes zwou Stonnen Schi um Programm. Eis Schier an eis Schischong konnte mir iwwer Mëtteg ëmmer uewen um Bierg loossen. Esou war et fir eis méi einfach d'Sessellifter ze benotzen. Nomëttes kruten mir een klengen Goûter wéi mir nees zréck an eisen Hotel koumen: een waarme Schoki an e Kichelchen koumen du grat richteg. No enger Stonn Schoul sënn mir eis pro Zëmmer jeeweils een nom aneren Duschen gaangen.

Währenddem hunn déi aner Kanner un hirem Tagebuch weidergeschriwwen. Nom Iessen wa mir nët ze midd waren, do stoungen nach Aktivitéiten um Programm.

Am Laf vun den Deeg hu mir geléiert parallel ze bremsen. E puer Gruppen sënn esouguer an den Déifschnéi mat hierem Schilehrer gefuer. Den Donneschdeg nom Schifueren waren mir iwwerrascht: ënnen um Parking stoung op eemol nieft eisem Bus een Auto mat lëtzebuerger Placken. Et waren dat de Buergermeeschter Camille Hoffmann mam Jos Nerancic an offizieller Missioun fir eis ze iwwerraschen an dat ass hinne perfekt gelongen. Si sënn du mat eis rof op Arêches gefuer, wou mir konnten akafe goen. Mir hu vill Cadoen fir eis Elteren, Geschwëster an och eis selwer kaaft: ënnert anerem och vill des leckeren Beforter Kéis.

Nom leschten Schifueren um Freideg Mëtteg hunn eis Schileher eis d'Médaillen iwwerreecht. Si ware ganz zefridden mat eis a mir hunn laut hinnen an enger Woch dat gemaacht, wat aner Gruppen soss an dräi Wochen géingen man: vum „Ourson“ bis zur „Troisième Étoile“ war alles dobäi. Zwee vun de Meedercher waren esouguer sou gutt gefuer, datt si eng „Étoile de Bronze“ kruten. Um Samsdeg Moien waren mir fréi aus dem Bett an hunn eis nom Moiesiessen op de laangen Heemwee gemaacht. Ënnerwee kruten mir e Picknick. Et war eng super flott Classe de neige a mir géingen am léifsten direkt nach eng Kéier dohinner goen.
D'Kanner aus dem C4.1.”

62

Accès
Bonnets Rouges
Marmottons Solaret
Curv
ARÊCHES BEAUFORT
MÉTÉO
Espace débutants
Lutins
Perches
Grand

13. Januar

De Beeforter Syndicat d'initiative et du tourisme huet fir d'drëtte Kéier eng **Ice-Skating-Show** mam "Club de patinage artistique et de spectacle à Metz" op der Äispist organiséiert. Iwwer 200 Zuschauer hu sech de Spektakel ugekuckt an no der Show si se alleguer mat engem zefriddenen Androck Heem gaangen.



19. Januar

Neijoschréceptioun vun der Gemeng an der Maison du Parc (Theis Haus).

21. Januar

D'Chorale Ste Cécile vu Beefort mat der Chorale Sang mat Waldbëlleg-Haler huet op d'**Antoniuskiermes an de Kummelsbau** invitéiert. Nom Apéro gouf d'Mëttegiessen opgedëscht: Kiermeszopp, Judd mat Gaardebounen a Speckgromperen an als Dessert Taart a Kaffi. Am Nomëtteg huet d'Chorale Branebuerg, Laaschent a Baastenduerf ee Concert ginn an ofgeronnt gouf den Dag mat enger flotter Tombola.

27. Januar

Generalversammlung vun de **Beeforter Pompjeeën**. No de Mercien huet de Kommandant Alex Pereira ënnerstrach, datt obwuel et kee spektakuläert Joer war, kee vun de Pompjeeë bei den Asätz an Übunge blesséiert gouf. Ee grousse Stellewäert hunn d'Weiderbildung an déi permanent Übunge mam moderne Material. Net méi ewechzedenken ass de First Responder. D'Reform vum Rettungswiesen, déi dëst Joer den 1. Juli a Kraaft trett, bréngt fir jidderee ganz vill Neierunge mat sech mais de Beeforter Pompjeescorps ass op déi nei Situatioun gutt opgestallt.

Zum Schluss gouf een Opruff un déi jonk Pompjeeë gemeet, datt et méiglech ass aus dem Hobby ee Beruff ze maachen. Des Weidere soll ee vun de Coursen a Séminairë profitéieren an ofschléissend gouf op de Jugendcamp vun der Regioun Osten hei zu Beefort am Juli higewisen.

Aus dem Tätegkeetsbericht vun der Sekretärin Tanja Weis geet ënner anerem ervir, datt 24 Übunge mat 384 Präsenzen an aacht Versammlunge mat de Membere mat 131 Präsenzen ofgehale goufen a sech un 21 Manifestatioune bedeelegt huet. De Comité ass aacht Mol zesumme komm. 30 technesch an zéng Brandasätz souwéi 64 Mol First Responder mécht een Total vun 104 Asätz. Dat ass däitlech manner ewéi 2016 (128 Asätz) an 2015 (179 Asätz). Beem aus der Strooss raumen (aacht), Autosaccidenter (siwen) a Beiennäschter ewechmaachen (fënnef) maachen de gréissten Deel vun den techneschen Asätz aus.

Déi meescht Präsenzen op den Asätz hunn den Andy Wagner (84), Joé Georg (76) an den Dominique Bollinger (50) a bei den Übungen steet den Andy Wagner och hei op der éischter Plaz mat 58 Präsenze virum Jérôme Vazzoler (57) an Edin Marusic. Am Laf vum Joer hunn eng Rei Pompjeeën u Formatiounen deelgeholl:

AGT Atemschutzträger: Stéphane Gaspar, Marc Kohl, Edin Marusic, Jérôme Vazzoler, Corey Dupont, Tiago Simoes Marques.

SAP 1: Corey Dupont.

Ragtal: Corey Dupont, Stéphane Gaspar, Joé Georg, Marc Hoffmann, Marc Kohl, Edin Marusic, Jean-Luc Nosbusch, Tiago Simoes Marques, Lynn Stangé, Guy Tholl, Jérôme Vazzoler, Andy Wagner, Etienne Vrolijk.
Chaîne de commandement: Alex Pereira, Andy Wagner, Joé Georg.

XVR Simulation: Alex Pereira, Andy Wagner.

Zu de Manifestatiounen am leschte Joer zielen ënner anerem: Asammele vu Chrëschtbeemercher, Après-Ski-Party um Kiosk, Buergbrennen, Grouss Botz, Meekranz, Garde um Schlass während Dréiaarbechten, Feierläscherkontroll a Summerfest um Kiosk, Schoulfest, Schlassfest, Oktoberfest (dës Kéier als Gäscht), Commémoratiounsdag an zum Ofschloss ee Familljenowend an der "Hostellerie de Beaufort".

25 Memberen zielen d'Jugendpompjeeën an hir Aktivitéiten huet de Jugendleeder Etienne Vrolijk virgestallt. 18 Übunge mat insgesamt 232 Présencen a 15 lokal a regional Aktivitéite mat 187 Présence goufe gezielt. Zu den Aktivitéite gehéieren ënner anerem de Verkaf vu Fueskichelcher, Völkerballtournéier zu Manternach, Sprangprëssioun, Päischtwanderung, Summerfest, regionalt Zeltlager zu Kanech, Cross zu Iechternach, eng 24-Stonnen-Übung mat Konsdrëf zu Reisduerf an eng Ofschlossübung.

Laut dem Bericht vum Caissier Joé Georg konnt de Bilan vun de Pompjeeën mat engem Boni an dee vun de Jugendpompjeeë mat engem liichte Mali ofschléissen. Op Virschlag vun de Keesserevisoren Jean Bosch an Hubert Sauber gouf Entlaaschtung erdeelt.

Zwee Pompjeeën hunn hir Kandidatur fir ee fräie Posten am Comité gestallt. A geheimer Wahl krut den Edin Marusic véier Stëmmen an de Christian Kröger 16 Stëmmen, deen domat gewielt ginn ass.

Bei der fräier Aussprooch huet de Patrick Fisch, Zenterchef vum Fielser Centre d'intervention, déi genial gutt Zesummenaarbecht mat Beefort gelueft. Ee gudden Deel vun den 1007 Asätz vun der Ambulanz ass hei zu Beefort a reng Fuerzäit aus der Fiels bis hei beleeft sech op 16 Minutten. Dank de First Responder, déi zum Deel hei an der Gemeng schaffen, huet Beefort déi héchst Erfollegsquote bei der Wiederbelebung.

De Regionalinspekter Jean Bartz huet déi gutt Ausbildung a Formatioun vun de Beeforter Pompjeeë gelueft a wat de First Responder ubelaangt ass Beefort op dësem Gebitt federführend. Déi gutt Jugendaarbecht gouf ervirgehuewen an zum Schluss huet den Inspekter ugereegt fir u Pompjeesconcourse matzemaachen. A senger Funktioun als Regionalpresident huet de Constant Schwartz déi iwwer Jore gutt Zesummenaarbecht ënnerstrach. Duerch Rumeure a Falschinformatioune gëtt villes vun der Reform futti gemeet. Zu Beefort gëtt eng fantastesch Jugendaarbecht geleescht an d'Pompjeeë solle sou weiderfueren an dat zum Wuel vun de Leit an der Regioun.

Als Schlussriedner huet de Buergermeeschter Camille Hoffmann zefridde festgestallt, datt d'Pompjeeën onfallfräi vun den Asätz bei hir Familljen zréckkomm sinn an hien huet op de Virdeel higewise wann d'Pompjeeën och an der Gemeng selwer schaffen an esou ganz effektiv sinn. Déi ganz aktiv Jugendpompjeeën hu mam regionale Jugendcamp am Juli ee weideren Héichpunkt an dësem Joer. D'Aweiung vum neie Pompjeesbau wäert op jidder Fall virum Akraafttriede vun der Reform den 1. Juli sinn. D'Plënneren ass fir den 1. Abrëll virgesinn an ofschléissend huet hien op d'Noutwennegkeet vun de Rauchmelderen higewisen.

De Comité (v.l.n.r.):
Andy Wagner, Etienne Vrolijk, Dominique Bollinger, Christian Kröger, Tanja Weis, Joé Georg an Alex Pereira.

29. Januar

D'Schoulkanner hunn am Kummelsbau un enger Literaturempfehlungsshow deelgeholl. An enger flotter Manéier a mat ganz vill Enthusiasmus huet d'Tina Kemnitz vun "Tolles Buch" vu Berlin de Kanner Geschichte aus enger Auswiel vu Bicher virgedroen. Als éischt Schüler war de Cycle 2 an duerno den C3 an C4 un der Rei an d'Ziel vun der Aktioun war et de Kanner (nach méi) Loscht op Liese kréien.

FEBRUAR 2018

2. Februar

Léiwer Härgottsblieschen,
Gitt ons Speck an lerbessen
Ee Pond, zwee Pond,
Dat anert Joer da gitt der gesond,
Da gitt der gesond.
Loosst déi jonk Leit liewen
Loosst déi al Leit stierwen,
(Variante: an déi al derniewent)
Kommt der net bal,
D'Féiss ginn ons kal.
Kommt Der net gläich,
Da gi mer op d'Schläich.
Kommt der net geschwënn,
D'Féiss ginn ons dënn.
Kommt Der net gewëss,
Da kritt Der e Schouss voll Nëss.

Dëst Lidd vum Nik Welter aus dem Joer 1929 an nach aner Lidder hunn d'Kanner am Laf vum spéiden Nomëtteg an dem fréien Owend gesongen. Den 2. Februar ass **Liichtmëssdag** an d'Ae vun de Kanner hu geliicht wann een hinnen zum Schluss vum Lidd eng Klengegkeet an d'Tuut geluecht huet. Kanner aus dem Précoce an der Maison Relais sinn och op d'Gemeng liichte komm an d'Primärschoulskanner hu sech a Begleedung vun der Eltervereenegung no der Schoul op de Wee duerch d'Duerf gemeet.

4. Februar

Nom Liichtmëssdag stoung fir déi jonk Fuesbooke mam **Kannerfuesbal** an der Kummel ee weideren Héichpunkt an der Fueszäit um Programm. Organiséiert gouf de Kannerfuesbal vun der Elterevereenegung.

7. Februar

Den Hotel Meyer annoncéiert, datt si hire Clienten een **Tesla Destination Charger** an een Type 2 Charger zur Verfügung stellen kënnen. Déi zwee Servicer si fir Gäscht gratis.

9. Februar

Zwee Deeg méi spéit ass eng weider **Ladestatioun fir elektresch Autoen** a Betrib geholl ginn a si steet um Parking beim Kiosk am Zentrum vum Duerf. Weider Informatiounen dozou stinn um Site www.chargy.lu .

BEAUFORT WELCOMES CHARGY!

Les bornes Chargy viennent de faire leur apparition sur le territoire de votre commune – les portes de l'électromobilité s'ouvrent donc grandes à vous. En 2020, le réseau Chargy comptera 800 bornes publiques, soit 1.600 points de charge, pour les voitures électriques et les voitures plug-in hybrides au Luxembourg.

Seit kurzem halten die Chargy-Ladestationen Einzug in Ihrer Gemeinde - somit ist Tür und Tor zur Elektromobilität für Sie geöffnet. Bis 2020, sieht das Chargy-Netz 800 öffentliche Ladestationen, sprich 1.600 Aufladeplätze, für Elektro- und Plug-in-Hybrid-Fahrzeuge in Luxemburg vor.

Vous voulez devenir client et profiter du réseau Chargy ?

Rien de plus simple : Pour pouvoir recharger votre voiture électrique ou plug-in hybride sur les bornes Chargy, vous devez souscrire un contrat avec un fournisseur de service de charge au Luxembourg.

L'accès aux bornes Chargy se fait simplement via la **mKaart du Verkéiersverbond** qui vous sera remise par votre fournisseur de service de charge. Si vous êtes déjà en possession d'une mKaart, votre fournisseur de service de charge vous rajoutera le produit Chargy directement sur celle-ci.

Sie möchten Kunde werden und die Vorteile des Chargy-Netzes nutzen ?

Nichts einfacher als das! Um Ihr Elektro- oder Plug-in-Hybrid-Fahrzeug an den Chargy-Stationen laden zu können, müssen Sie einen Vertrag mit einem Service-Anbieter in Luxemburg abschliessen.

*Der Zugang zu den Chargy-Stationen erfolgt einfach über die **mKaart des Verkéiersverbond** die Ihnen Ihr Service-Anbieter zur Verfügung stellt. Falls Sie bereits eine mKaart besitzen, wird Ihr Anbieter das Produkt Chargy direkt auf Ihrer mKaart aktivieren.*

Liste des fournisseurs de service de charge au Luxembourg

Liste der Service-Anbieter in Luxembourg:

Edissertio ⚡ BLUEenergy.lu ⚡ Blue Corner ⚡ Eida S.A. ⚡ Electris ⚡ Enovos Luxembourg S.A. ⚡ PlugSurfing GmbH ⚡ Pluxx Holding S.A. ⚡ Sudstroum

Profitez de la plateforme MyChargy

Votre contrat vous donnera aussi accès à la plateforme MyChargy qui propose les fonctionnalités suivantes :

- **carte interactive** du réseau avec toutes les bornes indiquant leur statut (libre, occupé, hors service) ;
- **réservation en ligne** d'une borne de charge (max. 2 réservations simultanées) ;
- **calcul du trajet** et navigation vers la borne de votre choix ;
- **notification** lorsque la charge de votre véhicule est terminée ;
- **consultation** de vos consommations électriques ;
- **téléchargement** de toutes les informations nécessaires pour la gestion.

Nutzen Sie die MyChargy Plattform

Mir Abschluss Ihres Vertrages erhalten Sie Zugriff auf die MyChargy Plattform mit folgenden Funktionalitäten:

- ***Interaktive Netzkarte** mit allen Ladestationen und ihrem jeweiligen Status (frei, besetzt, außer Betrieb);*
- ***Online-Reservierung** einer Ladestation (höchstens 2 Reservierungen gleichzeitig);*
- ***Wegberechnung** und Navigation zur Ladestation Ihrer Wahl;*
- ***Benachrichtigung**, wenn der Ladevorgang Ihres Fahrzeugs beendet ist;*
- ***Anzeige** Ihres Energieverbrauchs;*
- ***Download** sämtlicher Informationen, die für die Verwaltung benötigt werden.*

Comment ça marche pour recharger votre véhicule ?

Wie lade ich mein Auto auf?

1

Placez votre **mKaart** contre l'icône de chargement.

*Halten Sie Ihre **mKaart** gegen das Ladesymbol.*

2

Sélectionnez votre connecteur (prise 1 ou prise 2) en appuyant sur le bouton à côté de l'écran.

Wählen Sie Ihren Anschluss (Stecker 1 oder Stecker 2) aus, indem Sie die Taste neben dem Bildschirm drücken.

3

Branchez le câble dans la prise sélectionnée.

Stecken sie das Kabel in den ausgewählten Stecker.

4



Votre voiture est maintenant connectée et le chargement démarre automatiquement.

Ihr Auto ist jetzt verbunden und der Ladevorgang startet automatisch.

5



Le chargement est en cours, un témoin lumineux vert s'allume.

Der Ladevorgang ist im Gange, eine grüne Kontrollleuchte geht an.

6

Vous pouvez à tout moment interrompre le chargement de votre véhicule en appuyant sur « Fin de charge ».

Sie können den Ladevorgang jederzeit beenden indem Sie auf „Ladevorgang beenden" drücken.

Pour plus d'informations, consultez notre site **www.chargy.lu** ou notre page **Facebook**.

*Für weitere Informationen, besuchen Sie unsere Internet Seite **www.chargy.lu** oder unsere Seite auf **Facebook**.*

© Verkéiersverbond - Christof Weber / Creos Luxembourg S.A.

14. Februar

Et ass mëttlerweil zu enger Traditioun ginn: **den Hierkendag vun de Beeforter Senioren** op Äschermëttwoch. Op Äschermëttwoch ass nit nëmmen d'Fuesend eriwwer mais deen Dag fänkt och d'Faaschtenzäit un an an där Zäit (40 Deeg bis Ouschteren) gëtt ënner anerem op Fleesch verzicht. Sou steet dann haaptsächlech Fësch um Menü.

Beim Hierkendag op der Kummel goufen agemaachten Hierkefilets mat gequellte Gromperen oder ee Kéistel-ler als Alternativ zerwéiert an zum Ofschloss nach Dessert a Kaffi. De Comité vun de Senioren huet vun der Geleeënheet profitéiert fir hire weidere Programm vun den nächste Méint virzestellen.

18. Februar

D'Leit, déi op d'Wiss un der Reisduerferstrooss komm ware fir d'**Buergbrennen** unzekucken, hunn net schlecht gestaunt, wéi se d'Wierk vun de Pompjeeë gesinn hunn. Et war keen üblecht Kräiz ewéi an de Jore virdru mais eng richteg Buerg mat Tierm an engem Fändel. Verantwortlech fir dëse Prachtbau ass den Edin Marusic, deen am Virfeld ee geneeë Plang vun der Buerg gezeechent huet. D'Buerg hat eng Breet vun zwielef an eng Héicht vun aacht Meter. Eng 300 Euro-Palette goufe verschafft. Fir d'éischt gouf de Palette Këschte gebaut an déi si da mat de Chrëschtbeemercher a Stréi gefëllt ginn.

Géint 19 Auer gouf d'Buerg ugefaangen a kuerz drop sinn d'Leit och nach mat engem klenge Freedefeier iwwerrascht ginn. Nieft de Pompjeeë waren och d'Elterevereenegung an d'Scoute fir d'Organisatioun verantwortlech.



21. Februar

De Veräin "Rando & Co Mëllerdall VoG" huet op d'**Generalversammlung an d'Jugendherberge** invitéiert. "Rando & Co Mëllerdall VoG" organiséiert all Kéiers den zweete Sonndeg am Oktober d'Randonnée Mullerthal zu Beefort an Ëmgéigend.

Obwuel déi lescht Editioun vun der Randonnée Mullerthal zäitgläich op d'Gemengewahle gefall ass waren d'Organisateuren zefridde mat der Zuel vun de Participante. Am Ganze hu 554 Leit de Wee op Beefort fonnt an dovunner sinn der 453 mam Mountainbike gefuer an 101 ze Fouss gaangen.

Den Datum vun der zwielefter Randonnée Mullertahl steet och fest an zwar e Sonndeg, de 14. Oktober 2018. Ugebuede gi rëm dräi Mountainbike-Strecken tësche 27 a 56 Kilometer an eng Wanderstreck vun néng Kilometer. Nei ass dës Kéier ee Kids-Tour vun ongefëier siwe Kilometer. Kanner ënner zéng Joer mussen a Begleedung vun engem Erwuessenen den Tour fueren an d'Participatioun fir d'Kanner ass gratis. De Start wäert och dës Joer rëm bei der Jugendherberge sinn, déi deen Dag och hir Porte ouverte huet.

De Comité ass houfreg, datt eng relativ kleng Unzuel vu Leit mat groussem Asaz sou eng Manifestatioun organiséiere kann. Dat geet awer nit ouni weider Ënnerstëtzung an dofir ee grousse Merci u jidderengem, deen um Erfolleg bedeelegt war: Participante, Hëllefer, Leit aus der Jugendherberge fir hir Gaaschtfrëndlechkeet, Gemeng, Forstverwaltung a Sponsoren.

De Comité setzt sech zesummen aus dem President Alphons Haaker, dem Vizepresident Marc Reckinger, der Sekretärin Renate Vrolijk, der Caissière Henriette Groeneveld an als Bäisetzer Edith Bergman, Félicie Stangé a Carlo Houdremont.

V.l.n.r.: Carlo Houdremont, Renate Vrolijk, Félicie Stangé, Alphons Haaker, Marc Reckinger. Op der Foto feelen nach d'Edith Bergman an Henriette Groeneveld.

infopoint
myenergy

Le dossier d'assistance myenergy aux futurs maitres d'ouvrage

Les check-lists pratiques pour votre projet de nouvelle construction ou de rénovation

Le nouveau guide planificateur de myenergy vous accompagne en tant que futur maître d'ouvrage de la planification et la phase de construction jusqu'à la réception du bâtiment. Le dossier vous soutient dans votre processus décisionnel et permet de réduire la complexité de votre projet. Deux check-lists pratiques regroupent un ensemble de questions et conseils ciblés sur la construction durable et la rénovation énergétique durable.

Demandez dès maintenant votre exemplaire auprès de votre administration communale ou sur myenergy.lu !

Co-funded by the European Union

Hotline
8002 11 90

myenergy.lu

myenergy Luxembourg
Partenaire pour une transition énergétique durable

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable et des Infrastructures
Département de l'environnement

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement

25. Februar

Am Restaurant Douro hunn d'**Wanderfrënn Beefort** de Bilan vum leschte Joer gemeet. Den Héichpunkt vun den Aktivitéiten ass d'Organisatioun vun de Päischtwanderdeeg, bei deenen 2017 iwwer 2000 Leit, dovunner 620 aus dem Ausland, de Wee op Beefort fonnt hunn. Den Trend geet dohinner, datt sech ëmmer manner Leit un der Päischtwanderung samschdes bedeelegen an de Méindeg ganz gutt besicht gëtt. Et lafen Iwwerleeunge fir de Samschdeg aus dem Programm ze sträichen.

Net nëmmen hei zu Beefort gouf getrëppelt mais och bei aner Wanderungen hu si sech bedeelegt. Mat engem Duerchschnëtt tëschen zéng an zwielef Kilometer pro Wanderung kommen déi 15 Memberen bei insgesamt 381 Participatiounen op eng Streck vun ongefëier 4.200 Kilometer, déi se d'lescht Joer zréckgeluecht hunn.

Fënnef Comitéssëtzunge waren néideg fir d'Aktivitéiten ze plangen a virzebereeden. Donieft war de Veräin nach op der Generalversammlung vun der FLMP (Fédération luxembourgeoise de marche populaire) vertrueden, huet am Juli een Ofschlossiesse fir d'Memberen organiséiert an am Oktober gouf een Ausfluch op Bruges gemeet. Véier Mol hunn déi Beeforter Wanderer den anere Veräiner bei hiren Aktivitéiten ausgehollef.

D'Keess huet zwar mat engem Defizit ofgeschloss mais de Veräin ass weiderhin gutt opgestallt.

Bei der Wiel vum Comité gouf een Opruff ëm méi Disziplin gemeet an dat betrëfft ënner anerem eng Réckmeldung oder Äntwert wann et zum Beispill ëm eng Umellung geet. De Comité bleift onveränert a setzt sech zesummen aus Pol Lamar (President), Camille Mathes (Vizepresident), Ralph Berkes (Sekretär), Steve Dupont (Caissier) an Ursula Berkes, Anita Berkes an Nancy Dupont-Courtois.

Den Datum vun den nächste Päischtwanderdeeg steet och fest: den 19. an den 21. Mee. Et ginn nach ëmmer Leit gesicht fir de Service ze garantéieren an och d'Strecken ze zeechnen, esou den Opruff un d'Membere vum Veräin. Mat engem neie Punktesystem wëll een d'Belounung vun den aktive Membere méi gerecht gestalten, déi dann bei den Ausflich oder Vakanzen zum Gelte kënnt. Dëst Joer geet den Tour op Annecy.

Bei der fräier Aussprooch huet de Buergermeeschter Camille Hoffmann de Veräin encouragéiert de Samschdeg bei der Päischtwanderung bäizebehalen a Merci gesot fir d'Aktivitéite vum Joer. 620 Wanderer aus dem Ausland bei de Päischtwanderdeeg ass eng Ënnerstëtzung vum Tourismus esou d'Françoise Bonert, Presidentin vum Beeforter Syndicat d'initiative et de tourisme, déi och den neie permanente Wanderwee ervirgehuewen huet.

Ofgeschloss gouf d'Generalversammlung mat Ham, Fritten an Zalot.

1. Rei (v.l.n.r.): Ursula Berkes, Anita Berkes, Camille Mathes /
2. Rei (v.l.n.r.): Pol Lamar, Nancy Dupont-Courtois, Steve Dupont, Ralph Berkes

28. Februar

Aussergeweïnlech **Generalversammlung vum Tourismusverband vun der der Regioun Mëllerdall** – Kleng Lëtzebuerger Schwäiz. Eestëmmeg an de geschäftsféierenden Ausschuss gouf folgend Persoune gewielt: Marc Diederich, President; Joe Nilles a Serge Pommerell, Vizepresidenten; Fernand Schmit, Trésorier; Robi Baden, Vertrieder vun de Syndicats d'initiative; Jean Conzemius, Vertrieder vun der Horesca a Raoul Miny, Vertrieder vu Camprilux.

Jean Conzemius, Serge Pommerell, Sandra Bertholet (Geschäftsführerin), Marc Diedrich, Robi Baden, Raoul Miny und Fernand Schmit.

MÄRZ 2018

3. März

De **Beeforter Syndicat d'initiative et de tourisme** huet dem Gemengerot säi Site virgestallt. Nieft der Besichtegung vum Camping mat de verschidden Anlagen ewéi dem Bloc sanitaire zum Beispill goufen och d'Projete presentéiert, déi an der Zukunft a verschiddene Phase geplangt sinn.

6. März

Ganz gutt besicht war d'**Informatiounsversammlung iwwert de zukënftege Règlement grand-ducal zum Quelleschutz vum Drénkwaasser** um Gebitt vun de Gemenge Beefort a Reisduerf an der Maison du Parc (Theis Haus). Betraff sinn d'Quelle Grondhaff, Cloosbierg 1, Cloosbierg 2, Cloosbierg 3, Dillingen 1, Dillingen 2, Dillingen 3, Dillingen 4, Dillingen 5, Dillingen 6 an Dillingen 7. Un dëser Versammlung huet och d'Ëmweltministesch Carole Dieschbourg deelgeholl.

De Buergermeeschter Camille Hoffmann ass kuerz op d'Geschicht vun de betraffene Quellen agaangen. Am Joer 1924 goufen d'Quellen Dillingen 1 bis 7 un d'Stad Dikrech verkaaft an déi ginn nach haut vun hinne benotzt. Aus deem Gronn ware Vertrieder vum Dikrecher Schäffen- a Gemengerot un der Informatiounsversammlung präsent. D'Qualitéit vum Waasser ass immens wichteg a well verschidde Quellen net déi néideg Waasserqualitéit hunn gi se net benotzt. An enger ak-

tiver Quell ass de Wäert vum Métolachlore-ESA (Herbizid) liicht ze héich an duerch eng Ausnamereegelung kann aus dëser Quell weiderhi Waasser geholl ginn awer och nëmme well Géigemoossnamen ënnerholl ginn an esou keng Gefor fir d'Gesondheet duerstellen. No dëser kuerzer Begréissung huet d'Carole Dieschbourg an enger allgemenger Aleedung de Wäert vum Waasser erkläert. Bei der Waasserversuergung funktionéiert dës Regioun autonom a gläichzäiteg gouf een Opruff gemeet fir mam Waasser spuersam ëmzegoen. Nëmmen dräi Prozent vun de Baachen zu Lëtzebuerg sinn an engem gudde Zoustand a wéinst der schlechter Waasserqualitéit vun de Quelle kann ee Waasser fir eng 50.000 Leit pro Dag net benotzen. "Vorbeugen ist besser als heilen" an ënnert deem Motto ass de zukünftege Règlement grand-ducal zum Quelleschutz vum Drénkwaasser ze verstoen well am Endeffekt gëtt et méi bëlleg virzesuergen ewéi duerno déi sämtlech Moossname fir eng anstänneg Waasserqualitéit ze hunn.

Wéi de zukünftege Règlement grand-ducal zu dësem Sujet ausgesäit huet den Tom Schaul vun der Administration de la gestion de l'eau virgestallt. Et gi véier verschidde Zonen wat de Waasserschutz ubelaangt a vun de fënnef Etappe bis zur Realiséierung vum Projet si mer aktuell op der drëtter Etapp. Déi komplett Powerpoint-Presentatioun ass hei online an och d'Andeelunge sinn op Geoportail beim Layout Waasser (Drénkwaasserschutzzonen) ze gesinn. Dat neit Reglement wäert och um Internetsite vun der Gemeng www.beaufort.lu ze liese sinn.

No enger kuerzer Froeronn war d'Informatiounsversammlung no eng zwou Stonnen eriwwer an am klenge Krees gouf nach weider diskutéiert.

7. März

Am Kummelsbau huet de **Syndicat d'initiative et du tourisme (SITB)** de Bilan vum leschte Joer gezunn. No der Begréissung huet d'Presidentin Françoise Bonert och den Aktivitéitsrapport 2017 virgestallt.

Bekanntlech gouf et d'lescht Joer technesch Problemer mat der Schwämm an aplaz am Mee konnten d'Dieren eréischt den 22. Juni opgoen an dat war praktesch zum Schluss vun enger ganz gudder Fréisummerperiod. D'Zuel vun den Entréeën ass vu 16.892 op 6.513 erofgaangen. Ganz aneschtes gesäit et bei der Äispiste aus. Mat 26.018 Entréeë gouf dat bescht Joer an de leschten 20 Joer verbucht a verglach mat 2016 ass et ee Plus vun 3,15 Prozent.

Een ähnlecht Resultat beim Camping, wou ee Plus vu 6,84 Prozent vis-à-vis vun 2016 konnt verzeechent ginn. 2017 goufe 5.437 Arrivéeë gezielt. Gläichzäiteg goufen och méi Animatiounen ugebueden an zwar 32 mat 593 Participanten (zesumme mam Office régional du tourisme).

De Syndicat huet am leschte Joer och investéiert. Sou goufen ënner anerem eng Annexe un den Hall technique gebaut, nei Schlittschung kaaft, Fuite un de Réier vun der Äispiste gefléckt, nei Blummebacke mat "Regioun Mëllerdall – Holz vun hei" kaaft, eng nei Clôture ronderëm d'Schwämm opgeriicht, ee grousse Stëbssuckler zougeluecht, d'Beem geschnidden, nei Barrièren installéiert an zum Schluss hunn d'Renovéierungsaarbechte vum Sanitärblock 1 ugefaangen.

Am Beräich Marketing huet sech och eppes gedoen. De SITB huet elo een neien Internetsite an eng nei Adress (www.visitbeaufort.lu), et war een op der Foire Top Kids vertrueden, nei Deplianten an Dekorationsartikelen erausbruecht, nei Panneaue fir "Rent a Bike", ee Film iwwert den Icekarting produzéiert an ee Fotoshooting op der Äispist organiséiert.

Am Kader vum Leader-Projet "Tourist-Info 2.0" hu sech d'Membere vum SITB un enger Rei Formatiounen a Workshops bedeelegt. Dorënner fält och een Éischt-Hëllef-Cours an eng Gästebefragung. 874 Gäscht hu matgemeet an d'Gesamtzefriddenheet beleeft sech op 4,1 vu 5. Des Weidere war de Beeforter Syndicat un enger Rei Manifestatiounen a Versammlungen am Tourismusberäich vertrueden.

Zu de Manifestatiounen am leschten Joer zielen ënner anerem a meeschtens zesumme mat de Veräiner: Grouss Botz, Blummemaart, geféiert Fréijoerswanderung Concert vu Cat Ballou a Kasalla, International Mullerthal Judo Summercup, Agility-Tournoi, Schlassfest, Indianerfest am Tipi-Duerf, Summermaart, Tour mat der Päerdskutsch, Oktoberfest, klenge Kiermesmaart, Ice-Skatingshow vu Metz (ongeféier 180 Zu-

schauer) a Medaileniwwerreechung un déi 132 Leit, déi un de Schlittschongcourse matgemeet hunn. Mat de Restaurateuren an Hoteliere gouf eng Informatiounsversammlung ofgehal.

Zu de schéine Momenter zielt d'Finaliséierung vun der éischter Phase vum Projet 6919 vun der Äispiste (nei Vestiaire fir den Äishockey a Schlittschongleefer mat engem neie Bloc sanitaire) a bei den negative Momenter sinn de Vandalismus am Tipi-Duerf, Sanitärblock a Kippiglay an d'Abréch den 22. Juli an 9. Oktober ervirzehiewen. De Comité huet sech sechs Mol gesinn an de Comité restreint 16 Mol.

De Bilan vun der Keess gouf vum Trésorier Camille Hoffmann virgedroen an hei sinn déi verschidden Nettozuelen: Piscine -25.591,64 Euro; Äispiste 5.667,27 Euro; Camping 173.894,14 Euro an Administration générale -55.857,58 Euro. Ënnert dem Stréch mécht dat ee Boni vun 98.112,19 Euro. Am Numm vun de Keesserevisoren huet de Jemp Winandy d'Zuele bestätegt an d'Versammlung huet op säi Virschlag Entlaaschtung ginn.

Eng Plaz am Comité ass nach fräi an et huet sech kee fir dëse fräie Poste gemellt. De Comité setzt sech aus folgende Leit zesummen: Françoise Bonert (Presidentin a Sekretärin), Camille Hoffmann (Keessier), René Champagne, Nancy Dupont-Courtois, Alphons Haaker, Jacqueline Kuijpens-Fisch, Jean-Paul Post, Jos Scholtes, Emile Wies (Memberen) a John Stirn (Vertrieder vun der Gemeng).

Och an dësem Joer gëtt weider investéiert an zwar an d'Äispist (Vestiairen, Keess, Schlittschonglocatioun, Buvette, Réceptioun fir de Camping), Camping (Nei Klassifikatioun, Beem schneiden – Phase 2, Block sanitaire 1 an 2, nei Tipien (véier grouss Tipien an zwee Kuscheltipis fir dëse Mee), Planzaktiounen), Schwämm (Reparatioun vun der Anlag an nei Pompelen) a Marketing (nei Internetsite fir www.campingplage.lu an www.patinoire-beaufort.lu, nei Depliante, nei Gadgets zesumme mam ORT am Kader vun Leader-Projet "Tourist-Info 2.0").

No de verschidde Mercien huet d'Lena Hetto vum ORT Mëllerdall de Syndicat fir hir Aarbechte félicitéiert an de Buergermeeschter Camille Hoffmann huet matgedeelt, datt d'Gemeng déi verschidde Projete géif ënnerstëtze souwäit dat méiglech ass.

Zum Schluss goufen nach d'Gewënner vum Blummeconcours geéiert. An de leschte Joren huet den Interessi fir matzemaachen ëmmer méi ofgeholl an esou gouf décidéiert fir eng Paus anzeleeën. D'Gewënner vum virleefeg leschte Blummeconcours sinn: Madame Berkes, Här Lexis a Madame Luja, Här Vossen a Madame Charrière, Här a Madame Reckinger-Ries, Här Schreiner a Madame Kalmus, Här a Madame Thill-Gaul, Madame Schaaf-Scholtes an nach de Restaurant Douro. Geféiert Wanderunge ginn och keng méi gemeet mais et gëtt sech der bestehender Offer vun de

Wanderungen ugeschloss. Ee spezielle Merci goung un d'Tessy Pena fir d'Organisatioun a Leedung vum Cours "Der Wald – mein Fitnessstudio" an dem Jos. Nerancic fir seng Fotoen.

De Programm vun den Aktivitéite fir 2018, deen de Syndicat organiséiert oder de Site zur Verfügung stellt: 24. Märerz: Grouss Botz; 31. Märerz: geféiert Wanderung duerch den Naturbësch Saueruecht; 5. Mee: Blummemaart um Kiosk; 10. Mee: Ouverture vun der Schwämm; 1. Juni: Grillparty um Camping; vum 8. bis den 10. Juni: Rassemblement des Beaufort; vum 8. bis den 10. Juni: Agiltiy Tournéier; 30. Juni: International Mullerthal Summercup am Judo; 26. Juli: Indianerfest; 12. August: Summermaart; 30. September: klenge Kiermesmaart an zum Schluss de 27. Oktober d'Ouverture vun der Äispiste.

11. März

Op Bretzelsonndeg huet de **Judoclub** op säin Danznomëtteg mam Orchester "Los Amigos" an de Kummelsbau invitéiert.

15. März

An d'Theis Haus hunn d'**Chorale Ste Cécile Beefort** a Sang mat Waldbëlleg/Haler op hir Generalversammlung agelueden. Obwuel déi zwou Chorale bal al Aktivitéit zesummen organiséieren an och zesummen optrieden, huet all Chorale säin eegene Comité an eege Keess. D'Zesummenaarbecht besteet zanter fënnef Joer an dës Kéier hu se fir d'éischt hir Generalversammlung gemeinsam ofgehal.

Ugefaangen huet d'Joer mat enger gemittlecher Neijoschréceptioun, déi d'Gesangskollege vu Sang mat Waldbëlleg/Haler am Veräinsbau zu Chrëschtnech virbereet haten. Bei der traditioneller Antioniusfeier am Kummelsbau koume 64 Leit op d'Iessen an d'Lisa Mariotto huet fir flott Stëmmung gesuergt.

Nieft de sechs Doudemassen hei zu Beefort gouf nach gesonge bei der Ouschtermass, Kommiounsmass, Péngschtmass, eng gemeinsam Mass mat de portugisesche Matbierger bei Geleeënheet vun der Visite vum Pilgerbild vun der Muttergottes vu Fatima hei zu Beefort, Te Deum, bei der Gedenkfeier un den aussergewéinlechen Zivilcourage vun der Famill Jodocy, beim Schlassfest, de Kiermesmassen zu Beefort an Déiljen, beim Nationale Commémoratiounsdag, op Allerséilen, bei der Caeciliafeier wou uschléissend déi zwou Chorale mat hiren aktive Memberen an hirer Famill an der Hostellerie de Beaufort ee gemittlechen Nomëtteg verbruecht hunn, d'Night-Vigil-Mass, op der Chrëschtfeier vun de Beeforter Senioren an d'Chrëschtmetten.
D'Keess huet mat engem Boni ofgeschloss an de Veräin besteet aus 15 aktive Memberen an dem Paschtouer Carlo Morbach an der Parassistentin Josiane Mirkes.
De Comité setzt sech zesummen aus Jean Schiltz (President), Jean Vossen (Vizepresident), Eliane Donven-Seiwert (Sekretärin), Nicole Thielen-Seiwert (Trésorière) an Diana Antony-De Fouw (Member). D'Keesserevisore sinn d'Alix Steines-Braun an Jutta Oeltges-Reusch.
Chorale Sang mat Waldbëlleg/Haler gëtt geféiert vum Danielle Baden-Lobitz (Presidentin), Louis Boonen (Vizepresident a Sekretär), Lony Michels-Tholl (Trésorière), Catalina van Meel-Baden, Yolande Berrend a Sylvie Leyder (Memberen). D'Keesserevisore sinn de Jhempy Schmit an d'Martine De Nutte-Hansen.
Och d'Chorale vu Waldbëlleg/Haler zielt 15 aktiv Memberen an hire Reien.
De Buergermeeschter Camille Hoffmann huet de Sän-

gerinnen a Sänger Merci gesot fir hir Aktivitéiten an, datt se sollen esou viru fueren. D'Buergermeeschtesch Andrée Henx-Greischer huet sech deene Wieder ugeschloss an déi gutt Zesummenaarbecht gelueft. D'Pastoralassistentin Josiane Mirkes huet nach dobäi ënnerstrach, datt dës Zesummenaarbecht souguer iwwert d'Grenze vun zwee verschiddene Parverbänn geet.

No der fräier Aussprooch gouf d'Generalversammlung mat engem gudde Maufel geselleg ofgeschloss.

16. März

An der "Hostellerie de Beaufort" huet den **Hondssportveräin "4 Running Paws"** seng Generalversammlung ofgehalen. Gegrënnt gouf de Veräin den 20. Februar 2015 an an hirer aussergewéinlecher Generalversammlung den 10. Oktober 2017 gouf décidéiert de Sëtz vu Bäerdref op Beefort ze verleeën.

De Comité setzt sech aus siwe Leit zesummen: President Monique Paulus, Vizepresident Manuel Alff, Sekretärin Marie-Josée Mertz, Caissier Guy Hilbert an nach d'Memberen Isabelle Mertz a Sandra an Thorsten Quint. An hire Reien hu se zwee international Riichter: Monique Paulus a Manuel Alff.

Fir d'Aktivitéiten ze organiséiere goufen dräi Comitéssëtzungen aberuff. D'Traininge ginn dënschdes vum Didier Saez a Marie-Josée Mertz gehalen an d'lescht Joer goufen et 42 Trainingsenheeten. De Club besteet aus 15 Leit a mat eelef Leit a 17 Hënn gouf sech bedeelegt un 19 Concoursen zu Lëtzebuerg, 13 an Däitschland, zwee an England an een an Italien. Dobäi si se 40 Mol op de Podium komm(13 Mol déi éischt Plaz, zéng Mol déi zweet Plaz a 17 Mol déi drëtt Plaz). Als Landesmeeschterin an der Crufts huet d'Isabelle Mertz um Concours an England deelgeholl wou hir leider ee Feeler ënnerlaf ass an esou sech op déi zéngte Plaz vun 20 klasséiert huet. D'Riichter waren 13 Mol a Frankräich a fënnef Mol an Däitschland an zu Lëtzebuerg am Asaz. Den Héichpunkt war d'Organisatioun vum Agility-Tournéier um Terrain nieft der Äispiste bei dem wärend dem Weekend 120 Starter un den Départ gaange sinn a fir d'Iessen a Drénken huet den Dëschtennis Bäerdref gesuergt.

De Keessebericht gouf op Virschlag vun de Revisoren Didier Saez a Mary Mergen ugeholl an hei kënnt et zu enger klenger Ännerung: D'Caroline Slotboom iwwerhëlt de Poste vum Marly Mergen. No de Comitéswahlen bleift alles onveränert an och de Mitgliedsbeitrag bleift bei 50 Euro.

An dësem Joer wäert de Veräin mat senge Memberen u 25 Concoursen zu Lëtzebuerg an och op der Landesmeeschterschaft deelhuelen, grad esou ewéi och an Däitschland, Frankräich, Schwäiz, Jersey an op de Qualifikatioune fir op d'Europameeschterschaft zu Wien an der Weltmeeschterschaft a Kristianstad (Schweden). De groussen Agility-Concours hei zu Beefort ass den 9. an 10. Juni rëm um Terrain nieft der Äispiste virgesinn.

Als Vertrieder vun der Gemeng huet et de Buergermeeschter Camille Hoffmann gefreet an interesséiert wéi sech d'Aktivitéite vum Veräin zesummesetzen an hie war och iwwerrascht, datt d'Memberen souvill un international Tournoien deelhuelen a souvill gutt Plazéierunge konnte maachen.

D'Generalversammlung gouf mat engem Iessen ofgeschloss.

17. März

An der Maison relais goufen Zertifikater un 13 nei Kraiderpädagogen iwwerreecht: Josée Apel-Roeder, Sonja Berchem, Danielle Besch, Céline Conter, Viviane Haupert, Danielle Hoffmann, Yolanda Kails, Thorsten Koch, Sandra Leoni, Valdemiro Mendes, Marianne Reimen, Jennifer Richarz an Astrid Weber. Si kruten hir Zertifikater vum Buergermeeschter Camille Hoffmann an der Schäffin Lily Scholtes iwwerreecht.

Mat enger Virstellung vun hiren Examensresultater hunn déi nei Kraiderpädagogen de jéngsten Ausbildungscours vun der Gundermann-Naturerlebnisschule ofgeschloss. Op den jeeweilegen Dëscher hu si gewise wat sech aus heemesch Kraider, Wuerzele, Beem a Straicher alles maache léisst.

D'Qualifizéierung zertifiéierter Kräuterpädagoge sprécht besonnesch Mënschen un, déi sech an der Regioun a fir d'Natur engagéieren an zwar a Schoulen, Spillschoulen, sozialen Ariichtungen, Tourismus oder Projeten ewéi Streuobstwisen, ausserschoulesch Léierstanduerten, Manufakturen bis hin zu Anlage vu Kraidergäert oder Kräuter-Erlebnis-Läden.

Bei dëser Geleeënheet sief kuerz ernimmt, datt deemnächst hei zu Beefort ee Kraidergaart wäert ageriicht ginn.

17. März

Ënnert dem Motto "Moments of Life" organiséiert **Sources Rosport** regelméisseg een aussergewéinlecht Owesiesse vun gehuewener Gastronomie op enger ongewinnter Plaz a bei der fënnefter Editioun vun deem besonneschen Event stoung d'Beeforter Äispiste am Mëttelpunkt.

D'Geschicht vu "Moments of Life" geet zréck op de September 2015 ewéi een eenzegaartegt Gewënnspill organiséiert gouf. Als Präis gouf et ee kulinarescht Owesiesse vum Renato Favaro an enger Gondel vum Riserad op der Schueberfouer mat Freedefeier. Weider Plaze waren herno eng al Scheier matzen an engem Feld net wäit ewech vu Berlé (Frank Manes), d'Breechkaul zu Bäerdref (Michaël Ollbrich), am Waassertuerm op der Burrigplaz zu Huldang (Frank Manes) an d'Esch/Schëfflenger Schmelz (Isabelle Weisen).

De gastronomesche Menü huet dës Kéier de Ben Weber mat senger Ekipp vum Gudde Kascht vun Haler zerwéiert. Als Entrée gouf Saumon ganz duuss mat bësse Knusper a senge Grëngs, als Plat Quasi vum Kallef, Muert verfeinert mat Muskavado a karameliséierte Nëss, Gromperepüree, Reduktioun vu Fleeschejus an zum Ofschloss ee Genoss ronderëm Zitrusfriichten opgedëscht. D'Kiche war an de Vestiairen ënnerbruecht an et war guer nit sou einfach de Menü esou wéi am Restaurant ze zerwéieren. Op der enger Säit war de

Wee vun der Kiche bis bei den Dësch op der Äispiste zimlech wäit an duerch déi ganz kal Temperaturen ass de Menü séier ofgekillt.

Am Virfeld hu sech d'Kandidaten op www.momentsoflife.lu ageschriwwen an d'Lous huet iwwer déi 20 Gewënner entscheet. Wärend dem Iesse gouf fir Animatioun gesuergt wéi zum Beispill eng Schlittschongleeferin bei der Entrée.

Ee puer Andréck vum äiskalen Owend:

23. März

Praktesch nëmme positiv Zuele konnt d'Presidentin vun de **Beeforter Schlassfrënn** am Kader vun der Generalversammlung an der Maison du Parc virstellen. Dank der Zesummenaarbecht mat der Agence GR-Ink gouf sech an der jéngster Vergaangenheet eng nei Identitéit ginn, déi nieft de neie Broschüren a Flyeren och den Internet mat de soziale Réseaue mat abezitt. D'Zuel vun de Follower op Instagram ass am leschte Joer vu 740 op 1000 eropgaangen an op Twitter een ähnlecht Bild: vun 135 erop op 190. Méi wéi verduebelt hu sech d'Likes op Facebook an zwar vun 2.330 op 5.100. Des Weidere goufen 2017 34.606 Visiteure gezielt, ee Plus vun 3,36 Prozent am Verglach mam Joer virdrun.

Am Verwaltungsrot ass et am Hierscht zu enger Verännerung komm. De Vizepresident a Vertrieder vun der Gemeng, Romain Thielen, huet sech bei de leschte Gemengewahlen net méi opgesat an ass esou ausgescheet. Neie Vetrieder vun der Gemeng heescht elo Jean-Luc Nosbusch an de Guy Hanff ass neie Vizepresident. Him an awer och all den anere Leit aus dem Verwaltungsrot huet d'Presidentin Merci gesot fir déi gutt Zesummenaarbecht an de vergaangene zwielef Méint.

Aus dem Aktivitéitsbericht vum Sekretär Georges Rischette sief e puer Héichpunkter ervirgehuewen: d'Visite vum Patricia Ward-Kelly (Wittfra vum legendäre

Gene Kelly), Victor Alexandrovich Sorokin (Botschafter vun der Russescher Federatioun) zesumme mam Vladimir Sokolov (Direkter vum Centre culturel et scientifique de Russie au Luxembourg), Installatioun vun engem Wifi-Hotspot, d'MagiCastle Nights mat ronn 3000 Visiteuren, een neien Internetsite, Filmproduktiounen, e Reportage an der Revue vum Beeforter Grillmeeschter Luc Hoffmann um Schlass an zweemol ass ee Videoclip gedréint ginn: "Dat schwuarzt Gold" vum "De Läb" an "None of the above" vu Papa Roach, déi deemnächst solle veröffentlecht ginn. Dernieft goufe speziell Visite guidées ewéi zum Beispill "Castle K-Nights" a "Medieval Discovery" organiséiert.

Dank e puer Fotografe bei de MagiCastle Nights konnten immens flott Fotoe gemeet ginn a si droen hiren Deel zu der Publicitéit vum Beeforter Schlass bäi. Den nämmlechten Effekt erwaart ee sech mat der Veröffentlechung vun den zwee Videoclippen.

D'Keess, virgedroe vum René Champagne, huet mat engem Boni ofgeschloss an d'Keesserevisoren Jemp Winandy an d'Antoinette Fisch hunn d'Richtegkeet vun der Keess bestätegt an d'Versammlung ëm d'Entlaaschtung gebieden an deem ass se nokomm.

Bei den Haaptaktivitéite vun 2018 zielt den nächste Weekend d'MagiCastle Nights den 31. Märerz an den 1. Abrëll. Dëst Veranstaltung krut seguer de Label fir d'"Année européenne du patrimoine culturel". De 13. Mee ass den nationale Sängerdag an déi véiert Lidderfouer, déi vun der Ugda, dem Piusverband an dem Ineec organiséiert ginn, an erwaart ginn deen Dag eng 1.500 Sänger. Ee Mount méi spéit, de 17. Juni, ass um Schlass de russesch-lëtzebuergeschen Dag. De Weekend vum 7. an 8. Juli steet dat traditionellt Schlassfest um Programm a vum 3. bis de 15. August ass no zéng Joer rëm eng Kéier "Art in Beaufort". Am Juni gëtt een neien Auto geliwwert a fir d'Familljen a Kanner ass den neie Kit pédagogique virgesinn. Fir d'nächst Joer ass een Open-Air-Theater iwwert de Jean Baron de Beck virgesinn. Mat de Concerte gesäit et bis elo schlecht aus. Trotz laangwierege Verhandlungen ass ee sech bis elo net eens ginn.

Bei der fräier Aussprooch goufen d'Toiletten ugeschwat, d'Heizung an den Daach vum Renaissance-Schlass grad esou ewéi d'Héihscheier.

De Verwaltungsrot setzt sech zesummen aus: Éierepresidentin: Anne-Marie Linckels-Volmer; Presidentin: Christiane Steinmetzer; Vizepresident: Guy Hanff; Sekretär: Georges Rischette; Trésorier: René Champagne; Memberen: Danièle Kohl-Stoffels, Patrick Sanavia, Magalie Tasch, Lily Scholtes a Jean-Luc Nosbusch. Keesserevisore sinn d'Antoinette Fisch a Jean-Pierre Winandy.

24. März

De Syndicat d'initiative et du tourisme huet op d'Grouss Botz invitéiert. De Rendezvous war moies um 9 Auer op der Äispiste an och bei der Kierch zu Déiljen.

No enger klenger Stäerkung mat enger Taass Kaffi ass et lass gaange fir den Dréck ze sammelen, déi vun onverantwortleche Mënschen einfach esou an d'Natur geheit goufen. Zum Schluss vun der Botzaktioun si se alleguer rëm zesummekomm an als Merci gouf et ee Patt an eng Grillwurscht oder Mettwurscht.

25. März

Wéi empfänkt ee Besuch am Geckenhaus, ouni datt mierkt datt een a sou enger Anstalt ass? Déi Aufgab hat Agnes Adolon, Duechter vun enger räicher Hoteldynastie. Spontan huet d'Mamm vum Agnes hire Besuch ugekënnegt a si geet dovunner aus, datt hir Meedchen an enger Villa residéiert an net am Centre Neuropsychiatrique Beefort (CNPB). Kuerzfristeg mussen d'Agnes an hir skuril Matbewunner an der Wunngemeinschaft versiche sech eréi normal Mënschen ze behuelen an domadder hält dat witzegt Verwechslungsspill säi Laf. Wien ass eigentlech verréckt a wat ass iwwerhaapt normal....?

"Neuroseg Zäiten" heescht d'**Theatersteck** vu Winnie Abel, dat vum Roby Zenner op lëtzebuergesch iwwersat gouf a vun de Beeforter Theaterfrënn an hirem 20. Jubiläumsjoer gespillt hunn. Ënnert der Regie vum Eric Feront stounge folgend Acteure fënnef Owender op der Bühn: Gaby Bouhlel, Nancy Dupont-Courtois, Jen Kiessling, Marie-Ange Neves, Dario Ballanti, Yves Dostert, Patrick Goetzinger, Josy Lenertz, Christian Linares, Jean-Luc Nosbusch a Ben Wagener. An der Pësperkëscht souz d'Margot Flammang, d'Acteure goufe vum Salon Vicky geschminkt, d'Bühn huet de Christian Linares opgebaut a fir den Dekor war d'Sonja Switala zoustänneg.

Eng Fotosgalerie vum leschten Optrëtt am CNPB oder am Volleksmond "Kummelsbau" genannt.

26. März

Jo, si kënne lo Englesch schwätzen. Si, dat si **siwe "Schüler"**, déi un engem Englesch-Cours hei zu Beefort deelgeholl an organiséiert gouf dëse Sprooche-cours vum Mouvement pour l'Egalité des Chances – MEC asbl. An der Hostellerie de Beaufort gouf de Cours mat engem Iesse ofgeschloss. Aus den Hänn vum Patty Dupong, déi de Cours geleet huet, krute folgend "Schüler" een Zertifikat iwwerreecht: Romain Mangers, Marco Schmit, Jacqueline Kuijpers, Claude Bosseler, Aurélien Froidevaux, Delphine Georg a Viviane Majerus. Ofschléissend hu si dem Patty Dupong nach ee Cadeau als Merci fir hir Gedold ginn.

29. März

Dat laang Waarden huet een Enn: **De Videoclip vu Papa Roach** ass endlech eraus. Nom Pappendag d'lescht Joer koum den Dag drop een anere "Papp" op Beefort an zwar "Papa Roach". Tëschen hirem Optrëtt sonndesowes zu Antwerpen a méindesowes, den 2. Oktober 2017, an der Rockhal zu Esch huet déi kalifornesch Metall- a Rockband genuch Zäit ageplangt fir am Virmëtteg an am fréien Nomëtteg den offizielle Videoclip zum Lidd "None of the Above" um Schlass ze dréinen. Et huet nach keng dräi Woche gedauert an de Videoclip ass iwwer eng Millioun mol gekuckt ginn.

Pearl

31. März

Um Ouschterweekend hunn d'Beeforter Schlassfrënn zesumme mat den Duerfveräiner d'**MagiCastle Nights** organiséiert. Eng 3.000 Leit hunn de Wee op Beefort an déi meescht vun hinne koumen e Samschdegowend. Op Ouschtersonnde ware leider net grad souvill Visiteure kucke komm. Dat schlecht Wieder am Laf vum Nomëtteg huet eng Rëtsch Leit dovun ofgehale fir op Beefort ze kommen. Esou waren dann dëst Joer grad esouvill Leit dogewiescht ewéi bei der Première vun de MagiCastle Night d'lescht Joer.

Den éischte Kënschtler op der Bühn war de jonke Chris Reitz, deen als "All Reitz Reserved" mat senger elektrescher Violine optrëtt. An der éischter Paus gouf de Videoclip "None of the Above" vu Papa Roach virgedroen, deen d'lescht Joer am Oktober um Schlass gedréint gouf a virun e puer Deeg offiziell virgestallt gouf. Apokalyptesch ass et mam Steve Kaspar a senger Partnerin Natasa Grujovic weidergaangen an ofgeschloss huet den André Mergenthaler mat sengem Cello.

De Paul Schumacher alias "Melting Pol" an d'Sandy Flinto ware fir de Videomapping zoustänneg a si hunn och déi ganz Animatiounen op d'Schlassmauere projezéiert.

D'MagiCastle Nights hunn och hire Wee an d'national Press fonnt, dorënner och ee Reportage op RTL mat enger Fotogalerie, déi een iwwert de QR-Code kann noliesen, nolauschteren an nokucken.

RTL
www.rtl.lu







ADMINISTRATION COMMUNALE DE BEAUFORT

9, rue de l'Eglise
L-6315 Beaufort
Tel. 83 60 45 – 1

méindes, dënschdes a freides : 8.30 – 12.00 / 14.00 – 16.30
mëttwochs: 8.30 – 12.00 / 14.00 – 20.00
donneschdes: 8.30 – 12.00

Sekretariat
Georges Rischette : 83 60 45 – 22
Tessy Pena : 83 60 45 – 26

Service technique
Jean-Paul Genson : 83 60 45 – 25 / 621 266 581
Claire Picard: 83 60 45 – 27

Etat civil & indigénat
Mike Hertges : 83 60 45 – 23

Recette
Sonja Fetler: 83 60 45 – 24 (dënschdesmëttes zou)

Populatiounsbüro
Sandra Breser-Michels : 83 60 45 – 20 (méindes, dënschdes a mëttwochmoies)
Eliane Donven-Seiwert : 83 60 45 – 20 (mëttwochs, donneschdes a freides)

Erlebnis-Freibad *Beaufort*

10.05.18 bis 01.07.18
20.08.18 bis 02.09.18

täglich von 13:00 bis 19:00 Uhr

02.07.18 bis 19.08.18

täglich von 10:00 bis 19:00 Uhr

SAISON 2018

Kinder (3-14 J.)
3,00 €
.....
Erwachsene:
5,00 €

S. I. T. Beaufort Dillingen - Grundhof

Syndicat d'Initiative et du Tourisme Beaufort
87, Grand-Rue | L-6310 Beaufort | Tél. : +352 83 60 99-300
www.campingplage.lu · www. visitbeaufort.lu